
# De Louis

De Schierener Buet




Schieren

N: 70 NOVEMBER 2023

## Un dëser Nummer hu matgeschafft:


**Text a Fotoen:**

Berwick Guy
Cesar Sandy
Kries Tessy
Pechon Daniel
Pütz Michel
Marin Tania
Goerens Mil
Heintz Felix
Weis Yves
Zeimes Jean-Paul
Wersant Alain
Petit Pol
Pletschette Camille
D'Léierpersonal aus der Schierener Schoul
Richartz Diane
Schierener Bullemettien
Chorale Caecilia Schieren
Ley Monique
CIS Colmar-Schieren
Porequipp Schieren
Sicona
Manuelli Carole
Tibessart Carmen an Team BimBam
Gaart an Heem
Thill Carlo
Esslingen Nora
All aner Memberen aus Veräiner a Kommissiounen

**Layout:**
Varela Mata Marcelo Manuel (Cover)
Yvette Rehlinger

**Foto Cover:**
© Commune de Schieren

**Drock:**
eXePRO.lu
PRINT & PACKAGING
TROISVIERGES

Gedréckt op Luxoart Silk 135 g

MIX
Paper | Supporting responsible forestry
FSC® C187918

**Oplo:**
1.050

myclimate neutral Imprimé
myclimate.org/01-23-326389


## An dëser Nummer

### Eis Gemeng


| | |
|---|---|
| Informations utiles | 3 |
| Séance publique du 13 juillet 2023 | 4 |
| Séance publique du 9 août 2023 | 6 |
| Séance publique du 27 septembre 2023 | 7 |
| Certificat de publication | 10 |
| Certificat de publication / Redaktiounsschluss Louis Nr. 71 | 11 |
| Chamberwalen den 8. Oktober 2023 | 12 |
| Update vun de Chantieren | 14 |
| Aweiungsfeier „Al Schoul", freides de 15. September 2023 | 18 |
| Meng Gemeng engagéiert sech! | 20 |
| Besuch des Großherzogs von Luxemburg in der Römervilla | 22 |
| Tour de Luxembourg 2023 | 24 |
| Virowend vu Nationalfeierdag | 26 |
| Journée de commémoration | 29 |
| Neit Personal | 30 |
| Trëppele goen zu Schieren | 31 |


### Reportagen


| | |
|---|---|
| Eau… Sécheresse… Mesures pour préserver l'eau… | 32 |
| Portrait Camille Pletschette | 33 |
| Vill Wëssenswäertes iwwer Lëtzebuerger Millen | 34 |
| Foot / Basket / Cyclisme / Athlétisme / Trail / Pétanque / Tennis / Indiaca | 42 |


### Kanner a Jugend


| | |
|---|---|
| Classes Cycle 1.0 – Cycle 2.2 | 46 |
| Schierener Schoul – Léierpersonal 2023–2024 | 50 |
| D'Rentrée an der Crèche Bim Bam | 51 |
| Schoulsportdag 2023 an der Schierener Schoul | 52 |
| Den C2.1 b huet Viz gemaach | 54 |
| Mir ginn an d'Gromperen | 56 |
| Éierung vun de Gewënner bei der Coupe scolaire vum 16.06.2023 | 60 |


### Veräiner a Kommissiounen


| | |
|---|---|
| Bullemettien | 61 |
| Chorale Caecilia Schieren | 62 |
| Gaart an Heem an hir Aktivitéiten iwwer déi lescht Méint | 68 |
| Porequipp Schieren | 69 |
| CIS Colmar-Schieren / Pompjeesfrënn Schieren | 71 |
| Die schönsten Herbstwanderungen des Éislek | 72 |


### Verschiddenes


| | |
|---|---|
| Unsere Obstbäume und Wiesen | 74 |
| Informatiounen | 76–79 |


### Kalenner

**De Manifestatiounskalenner fannt Dir op www.Schieren.lu**

# Informations utiles

facebook.com/gemengSchieren

suivez-nous sur instagram.com/gemengschieren

## Administration Communale de Schieren

90, route de Luxembourg • L-9125 Schieren
contact@Schieren.lu • www.Schieren.lu

| Heures d'ouverture : | Matin | Après-midi |
|---|---|---|
| Lundi | 7 h 30 – 11 h 30 | 13 h 30 – 16 h 30 |
| Mardi | 7 h 30 – 11 h 30 | 13 h 30 – 16 h 30 |
| Mercredi | 7 h 30 – 11 h 30 | 13 h 30 – 16 h 30 |
| Jeudi | fermé au public | 13 h 30 – 18 h 00 |
| Vendredi | 7 h 30 – 11 h 30 | fermé au public |

### Centrale

Tél. : 81 26 68 - 54

### Secrétariat

secretariat@Schieren.lu

**Yves Weis**
Tél. : 81 26 68 - 57

**Carole Manuelli**
Tél. : 81 26 68 - 50

### Service communication

**Félix Heintz**
Tél. : 81 26 68 - 51
felix.heintz@Schieren.lu

### Recette

recette@Schieren.lu
**Nora Esslingen**
Tél. : 81 26 68 - 55

### Population

contact@Schieren.lu
**Sandy Cesar**
Tél. : 81 26 68 - 54

### Service Technique

technique@Schieren.lu

**Michel Pütz**
Tél. : 81 26 68 - 52

**Tania Marin**
Tél. : 81 26 68 - 53

**Alain Wersant**
Tél. : 81 26 68 - 56

### Agent municipal

**Pol Petit**
Tél. : 81 26 68 - 75
pol.petit@Schieren.lu

### Atelier Communal

Tél. : 81 26 60

### École

Tél. : 81 70 53 - 42

### Éducation Précoce

Tél. : 27 72 04 56 / 81 68 62

### Crèche

Tél. : 26 80 57 90

### Maison Relais

Tél. : 81 70 53 - 60

## Séance publique du 13 juillet 2023

***Présent(e)s:*** Thill Eric – *bourgmestre*
Zeimes Jean-Paul, Pfeiffer Susi – *échevins*
Duarte Fonseca Kevin, Kries Tessy, Ley Monique, Lopes Medina Alcinda, Schloesser Alexis, Wohl Sandy – *conseillers*
Weis Yves – *secrétaire communal*
***Vote par procuration :*** néant
***Absent(e)(s) :*** néant

**Le CONSEIL COMMUNAL décide :**

1. **unanimement** d'approuver le tableau de préséance des membres du conseil communal de Schieren à partir du 13 juillet 2023 ci-après :

| No | Nom | Prénom | Profession | Fonction | Date première élection | Nombre de suffrages |
|---|---|---|---|---|---|---|
| 1 | THILL | Eric | Attaché parlementaire - Salarié | bourgmestre | 08.10.2017 | 479 |
| 2 | KRIES | Tessy | Institutrice - Fonctionnaire d'État | conseillère | 08.10.2017 | 463 |
| 3 | PFEIFFER | Susi | Graphiste - Salariée | échevine | 11.10.2020 | 445 |
| 4 | ZEIMES | Jean-Paul | Fonctionnaire d'État en retraite | échevin | 11.10.2020 | 420 |
| 5 | SCHLOESSER | Alexis | Directeur adjoint Fonctionnaire d'État | conseiller | 11.10.2020 | 260 |
| 6 | LEY | Monique | Pensionnée | conseillère | 11.06.2023 | 474 |
| 7 | DUARTE FONSECA | Kevin | Responsable ressources humaines - Salarié | conseiller | 11.06.2023 | 474 |
| 8 | WOHL | Sandy | Officière pompier professionnelle stagiaire | conseillère | 11.06.2023 | 449 |
| 9 | LOPES MEDINA | Alcinda | Employée Post | conseillère | 11.06.2023 | 420 |

2. unanimement de conférer à la rue qui mène de la « Rue de l'Alzette » vers la « Route de Luxembourg » à Schieren (traversant le PAP NQ « Route de Luxembourg - Rue de l'Alzette ») la dénomination suivante :

**Rue**
**Baron de Blochausen**
*1834–1915*
*Staatsminister 1874 - 1885*

3. **unanimement** d'arrêter la modification du budget de l'exercice 2023 conformément au tableau suivant :

a) budget extraordinaire

| n° | Article | Dénomination de l'article | Budget 2023 | Crédit supplémentaire | Budget 2023 adapté |
|---|---|---|---|---|---|
| 1 | 4/412/221100/99002 | Acquisition de terrains en zone agricole et autres | 0,00 € initial 45.000,00 € suite à la modification budgétaire du 24/05/2023 (Approbation MINT du 13.06.2023, réf n° 843xa0c71) | 70 000,00 € | 115 000,00 € |
| 2 | 4/624/221313/21022 | Travaux de réaménagement de la Route de Stegen - participation communale | 300.000 € initial + 384.564,89 € report de crédits (05.05.2023) = 684.564,89 € | 175 000,00 € | 859 564,89 € |
| | | **Total crédits supplémentaires** | | **245 000,00 €** | |

**4a. unanimement** d'approuver un acte notarié avec les consorts Mathey-Schneider concernant des fonds sis au lieu-dit « Im Kiesel ».

**4b. unanimement** d'approuver un acte notarié avec la SARL « Agnes Constructions » concernant des fonds sis au lieu-dit « Rue de l'Alzette ».

**5a. unanimement** d'approuver la convention relative aux aides à la construction d'ensembles (504.145,00 €) conclue entre l'État du Grand-Duché de Luxembourg (représenté par son Ministre du Logement) et le collège des bourgmestre et échevins de la commune de Schieren et portant sur des fonds sis à L-9125 Schieren, 28, Route de Luxembourg.

**5b. unanimement** d'approuver la convention relative aux aides à la construction d'ensembles (578.576,00 €) conclue entre l'État du Grand-Duché de Luxembourg (représenté par son Ministre du Logement) et le collège des bourgmestre et échevins de la commune de Schieren et portant sur des fonds sis à Schieren au lieu-dit « In den Wangerten ».

**5c. unanimement** d'annuler avec effet immédiat le contrat de bail conclu en date du 11 avril 2019 entre le collège des bourgmestre et échevins de la commune de Schieren et la société anonyme « Orange Communications Luxembourg » (approuvé par le conseil communal en sa séance du 19 août 2019) relatif à l'installation, l'opération et le maintien d'une station de mobilophonie sur le territoire de la commune de Schieren, au lieu-dit « Im Winkel » (partie de la parcelle n°822/5295 appartenant à la commune de Schieren ) et moyennant un loyer annuel de 3.000,00 €.

**6. unanimement** d'approuver divers contrats de concession au cimetière de Schieren.

**7. unanimement** de confirmer le règlement temporaire d'urgence de la circulation n° 20230609-2 arrêté par le collège des bourgmestre et échevins en sa séance du 9 juin 2023.

**8. unanimement** d'approuver divers titres de recette de l'exercice 2023 établi par le collège des bourgmestre et échevins.

**9. Rapports** des représentants dans les différents syndicats intercommunaux et autres entités Monsieur Eric Thill a informé les membres du conseil communal sur les derniers développements du syndicat intercommunal « SINO ».

**10.** Dates des prochaines séances du conseil communal à retenir :

- 09.08.2023 à 18h00
- 04.10.2023 à 18h00
- 29.11.2023 à 20h00
- 15.12.2023 à 18h00



## Séance publique du 9 août 2023

***Présent(e)s:*** Thill Eric – *bourgmestre*
Zeimes Jean-Paul, Pfeiffer Susi – *échevins*
Duarte Fonseca Kevin, Kries Tessy, Ley Monique, Lopes Medina Alcinda, Schloesser Alexis, Wohl Sandy – *conseillers*
Weis Yves – *secrétaire communal*
***Absent(e)(s) :*** néant

**Le CONSEIL COMMUNAL décide :**

1. **unanimement (en procédant par vote secret)** de désigner les délégué(e)s suivant auprès des syndicats intercommunaux et des autres entités ou associations

| Dénomination du syndicat / de l'entité / de l'association | Représentant(e)(s) de la commune de Schieren |
|---|---|
| Syndicat intercommunal « Nordstad » | Eric Thill et Jean-Paul Zeimes |
| Syndicat intercommunal « SIDEC » | Eric Thill |
| Syndicat intercommunal « SIDEN » | Eric Thill |
| Syndicat intercommunal « SICONA-Centre » | Jean-Paul Zeimes |
| Syndicat intercommunal « DEA » | Alexis Schloesser |
| Conservatoire « CMNord » | Susi Pfeiffer |
| Comité de prévention intercommunal de police | Eric Thill et Jean-Paul Zeimes |
| Commission de surveillance piscine « Nordpool » | Tessy Kries |
| Comité de pilotage Natura 2000 – Atert/Warkdall | Jean-Paul Zeimes |
| CIGR « Nordstad » | Eric Thill |
| Nordstad Aktiv + (Inter-Actions) | Monique Ley |
| Commission de surveillance de l'Association Luxembourg Alzheimer | Susi Pfeiffer |
| Nordstadjugend | Susi Pfeiffer et Kevin Duarte Fonseca |
| Égalité des chances | Sandy Wohl |
| Creos | Eric Thill |
| Intégration | Alcinda Lopes Medina |
| 3ème âge | Monique Ley |
| Transports publics | Jean-Paul Zeimes |

2. **unanimement** de répartir le supplément de 9 heures de congé politique hebdomadaire entre les membres du conseil communal comme suit :
   - Monsieur Eric Thill, bourgmestre : 7 heures de congé politique supplémentaires
     Total : 13 + 7 = 20
   - Madame Susi Pfeiffer, échevine : 2 heures de congé politique supplémentaires
     Total : 7 + 2 = 9
3. **unanimement** d'approuver la convention de mise en œuvre du « Pacte Logement 2.0 » conclue entre le Ministre du Logement et le collège des bourgmestre et échevins en date du 26 juillet 2023.

**4a.** **unanimement** d'approuver deux actes notariés (cessions gratuites) avec la société anonyme C.D.P. concernant des fonds sis au lieu-dit « Route de Luxembourg ».

**5a.** **avec 8 voix pour et 1 abstention (Madame Kries Tessy)** d'approuver la convention conclue le 20 juillet 2023 entre le collège des bourgmestre et échevins de la commune de Schieren et Monsieur Jean Nicolas Mohr ayant principalement pour objet l'agrandissement (à raison de 2,5 ares) de l'étang existant au lieu-dit « Auf dem Lehberg » à Schieren, numéro cadastral : 302/6324.

**5b.** **unanimement** d'approuver l'avenant à la convention d'exécution du PAP « Kiselbaach » conclue en date du 21 juillet 2023 entre le collège des bourgmestre et échevins, la société Schaus SA, siégeant à L-2149 Luxembourg, Rue Emile Metz, n°23, représentée par Monsieur Paul Schaus et Monsieur Ferrari Marco, demeurant à L-9125 Schieren, Route de Luxembourg, n°60, consistant en l'ajustement de l'article 13 visant à revoir les différentes étapes de réalisation dudit projet.

6. **unanimement** d'approuver divers contrats de concession au cimetière de Schieren.

## Séance publique du 27 septembre 2023

*Présent(e)s:* Thill Eric – *bourgmestre*
Zeimes Jean-Paul, Pfeiffer Susi – *échevins*
Duarte Fonseca Kevin, Kries Tessy, Ley Monique, Lopes Medina Alcinda, Schloesser Alexis, Wohl Sandy – *conseillers*
Weis Yves – *secrétaire communal*
*Absent(e)(s) :* néant

**Le CONSEIL COMMUNAL décide :**

1. **unanimement** d'adopter la proposition de modification ponctuelle de la partie écrite et de la partie graphique du Plan d'Aménagement Particulier « PAP - In der Wieschen » du 16 août 2023, élaborée par le bureau d'architecture Papaya – Urbanistes et architectes paysagistes S.A. pour le compte de l'Administration communale de Schieren (Article 30bis, alinéa 8 – procédure allégée de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain).
2. **unanimement** d'abroger l'article 12 du règlement d'ordre intérieur du conseil communal du 18 juin 2013 fixant l'organisation, le fonctionnement et les attributions des commissions consultatives communales et d'arrêter le présent règlement interne de fonctionnement des commissions consultatives communales :

### Règlement interne de fonctionnement des commissions consultatives communales

1. En dehors des commissions consultatives communales prévues par les lois et règlements, dénommées pour l'application du présent règlement « les commissions légales » {(commission scolaire et commission du vivre-ensemble interculturel (ancienne commission de l'intégration)}, le conseil communal institue des commissions consultatives communales, dénommées pour l'application du présent règlement « les commissions consultatives » à définir par délibération séparée. Pour l'application du présent règlement, on utilise le terme de « commissions » lorsque l'on fait référence aux commissions « légales » ainsi qu'aux commissions « consultatives ».
2. Le conseil communal nomme les présidents des commissions constituées par délibération séparée.
3. Suite à un appel de candidatures publique afin de postuler pour les différentes commissions, le conseil communal nomme les membres effectifs sur proposition des présidents des commissions. En ce qui concerne la commission scolaire, aucun appel de candidatures afin de postuler pour les postes à nommer par le conseil n'est lancé.
4. Les commissions consultatives et la commission du vivre-ensemble interculturel sont composées d'un effectif minimal de 5 membres et d'un effectif maximal de 7 membres, excluant explicitement les fonctions de président et de secrétaire.

   La composition de la commission scolaire est réglée par l'article 51 de la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental et par le règlement grand-ducal modifié du 28 mai 2009 ayant pour objet de déterminer les modalités d'élection des représentants des parents d'élèves à l'école et à la commission scolaire communale.
5. Le secrétariat de chaque commission est assuré en principe par un agent communal dont la désignation est effectuée par le conseil communal.

   Le secrétariat peut être assuré par un membre de ladite commission ou par un agent désigné par le collège échevinal en cas d'absence du titulaire.
6. Les commissions peuvent se composer de conseillers communaux, d'experts et de personnes étrangères au conseil.

   En ce qui concerne la commission du vivre-ensemble interculturel, l'article 10 de la loi du 23 août 2023 relative au vivre-ensemble interculturel stipule qu'au moins un membre du conseil communal doit être membre de ladite commission.
7. Les membres des commissions consultatives doivent être majeurs, jouir des droits civils et être en principe résidents de la commune de Schieren.

   En ce qui concerne la commission du vivre-ensemble interculturel, l'article 10 de la loi du 23 août 2023 relative au vivre-ensemble interculturel stipule que tous les membres doivent résider ou travailler sur le territoire de la commune.
8. Les membres des commissions doivent signer une déclaration d'honneur par laquelle ils s'obligent à respecter le secret des délibérations.

9. Les commissions peuvent s'adjoindre, avec l'accord du collège échevinal, des observateurs ou des experts sans droit de vote, soit pour une assistance permanente, soit pour des affaires déterminées. Ces derniers toucheront un jeton de présence prévu à l'article 20 du présent règlement.
10. Les membres des commissions sont démissionnés d'office en cas d'absence non motivée pendant trois séances consécutives de la commission en question. Le conseil communal procède à la nomination d'un remplaçant au cours de la prochaine séance.
11. Les membres du collège échevinal peuvent assister aux réunions des commissions lorsqu'ils le jugent opportun ou sur demande du président de la commission.
12. Les commissions discutent les affaires portées à l'ordre du jour, établi par le président de la commission, et qui sont comprises dans leurs attributions. Elles examinent dans les meilleurs délais les affaires qui leur sont déférées, compte tenu de leurs compétences respectives, par le collège échevinal, par le bourgmestre ou sur leur propre initiative.
13. Sauf le cas d'urgence, elles sont plus particulièrement chargées d'aviser les points devant être portés à l'ordre du jour du conseil communal. L'avis qu'elles émettent à ce propos est versé au dossier de la séance.
14. Elles peuvent, avec l'autorisation préalable ou sur recommandation du collège échevinal, effectuer des visites des lieux qu'elles jugent utiles à l'accomplissement de leur mission. Elles peuvent également, de leur propre initiative, émettre des avis relatifs à des problèmes rentrant dans leur compétence.
15. Les réunions sont convoquées par le président de la commission et comprennent l'ordre du jour. La convocation doit être adressée aux membres de la commission au moins 5 jours avant la date fixée pour la réunion. Une copie de la convocation est adressée au conseil communal par l'intermédiaire du secrétaire communal pour information et gouverne.
16. Sur demande du collège échevinal, le président est tenu de convoquer la commission dans un délai de quinze jours.
17. Les commissions se réunissent toutes les fois que l'exigent les affaires comprises dans leurs attributions.

    La commission ne peut siéger et délibérer sur les points à l'ordre du jour que si la majorité de ses membres en fonction n'est présente. Les décisions sont prises par majorité simple des voix lors de la séance. Les secrétaires des commissions n'ont pas voix délibérative s'ils font partie du personnel de la commune.
18. Les secrétaires des commissions sont tenus de rédiger un rapport des séances qui sera soumis à l'approbation des membres lors de la prochaine séance. Le rapport indique le nom des membres ayant participé aux différentes séances. Il est signé par le président, et contresigné par le secrétaire. Le rapport est mis à disposition aux membres du conseil communal par l'intermédiaire du secrétaire communal et de ladite commission par les moyens appropriés.
19. Les secrétaires sont tenus de dresser une liste de présence pour chaque séance individuelle, et de maintenir une liste de présence globale comprenant toutes les séances de l'année en cours. Ces listes de présence doivent parvenir au secrétariat communal au 31 décembre de l'année en cours au plus tard.
20. Des jetons de présence, dont les montants sont fixés par délibération spéciale, sont alloués par séance, avec un maximum de 6 séances par année, aux présidents, secrétaires et membres des commissions ayant pris part à la réunion à l'exception des membres du collège échevinal.

    Les experts consultés et/ou convoqués soit par la commission, soit par le bourgmestre ou le collège échevinal, toucheront une indemnité identique à celle des membres effectifs des commissions.

    Lorsqu'un agent du personnel communal occupe le poste de secrétaire d'une commission, il n'a pas droit à un jeton de présence. Aucune heure supplémentaire ne sera créditée au compte du personnel de la commune pour la participation aux réunions à l'exception du temps de présence en dehors des heures de travail habituelles.

**3.** **unanimement** de fixer les montants des jetons de présence revenant aux présidents, secrétaires, membres et experts pour l'assistance aux séances (avec un maximum de 6 séances par année) des commissions consultatives communales avec effet au 1er janvier 2024 comme suit :

| | |
|---|---|
| Président : | 12,50 € par séance |
| Secrétaire : | 12,50 € par séance |
| Membre effectif : | 7,50 € par séance |
| Expert : | 7,50 € par séance |

Ces montants correspondent au nombre 100 de l'indice pondéré du coût de la vie au 1er janvier 1948.

Conformément à l'alinéa 3 de l'article 55 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, les membres du collège des bourgmestre et échevins n'ont pas droit aux jetons de présence pour l'assistance aux séances des commissions consultatives communales.

4. **unanimement** d'instituer les commissions consultatives communales suivantes :
   - Commission communale en relation avec la conception et la rédaction du bulletin communal « De Louis », dénommée dans le langage courant : Commission communale « De Louis »
   - Commission communale en relation avec les tâches émanant du pacte nature et du pacte climat, dénommée dans le langage courant : Commission communale du développement durable
   - Commission communale des bâtisses
   - Commission communale de la culture

   et les commissions légales suivantes :
   - Commission communale du vivre-ensemble interculturel
   - Commission communale scolaire

5. **Nomination des présidents**
   1) **unanimement** de nommer Madame Tessy Kries, conseillère communale, en tant que présidente de la commission communale en relation avec la conception et la rédaction du bulletin communal « De Louis », dénommée dans le langage courant : Commission communale « De Louis »
   2) **unanimement** de nommer Monsieur Jean-Paul Zeimes, échevin, en tant que président de la commission communale en relation avec les tâches émanant du pacte nature et du pacte climat, dénommée dans le langage courant : Commission communale du développement durable
   3) **unanimement** de nommer Monsieur Alexis Schloesser, conseiller communal, en tant que président de la Commission communale des bâtisses
   4) **unanimement** de nommer Madame Monique Ley, conseillère communale, en tant que présidente de la Commission communale de la culture
   5) **unanimement** de nommer Madame Alcinda Lopes Medina, conseillère communale, en tant que présidente de la Commission communale du vivre-ensemble interculturel

6. **Composition de la commission scolaire**
   1) **unanimement** de nommer Monsieur Eric Thill, bourgmestre, en tant que président de la commission scolaire
   2) **unanimement** de nommer Madame Carole Manuelli, fonctionnaire communale, en tant que secrétaire de la commission scolaire sans voix délibérative
   3) **unanimement** de nommer Monsieur Alexis Schloesser, conseiller communal, en tant que membre de la commission scolaire
   4) **unanimement** de nommer Madame Monique Ley, conseillère communale, en tant que membre de la commission scolaire
   5) **unanimement** de nommer Madame Alcinda Lopes Medina, conseillère communale, en tant que membre de la commission scolaire
   6) **unanimement** de nommer le/la chargé(e) de direction de la Maison Relais Rousennascht, en tant que membre de la commission scolaire

   Par conséquent, la commission scolaire se compose comme suit :

   1. Président : Eric Thill, bourgmestre
   2. Secrétaire : Carole Manuelli, fonctionnaire communale à Schieren (sans voix délibérative)

   3. Membre : Alexis Schloesser, conseiller
   4. Membre : Monique Ley, conseillère
   5. Membre : Alcinda Lopes Medina, conseillère
   6. Membre : Chargé(e) de direction de la Maison Relais Rousennascht

   7. Représentant(e) du personnel des écoles
   8. Représentant(e) du personnel des écoles

   9. Représentant(e) des parents d'élèves fréquentant une école à Schieren
   10. Représentant(e) des parents d'élèves fréquentant une école à Schieren

7. **avec 8 voix pour et 1 abstention (Alexis Schloesser)** d'accorder un subside extraordinaire se chiffrant à 1.192,00 € en faveur de l'association « Fraen a Mammen » pour l'année 2023.

8a. **unanimement** d'approuver la demande de lotissement/morcellement du 25 juillet 2023 présentée par le bureau d'architecture « Architechs SARL », siégeant à L-1899 Kockelscheuer, pour le compte de la société « Racine Real Estate SA », relative à la création de 3 parcelles indépendantes (Lot 1 : 4,25 ares, Lot 2 : 3,68 ares et Lot 3 : 3,31 ares) sur des fonds sis à L-9132 Schieren, « Rue Kreuzberg », n°1, n° cadastral 1291/4590, contenant en total 11,24 ares, ceci conformément au plan annexé à la présente délibération.

8b. **unanimement** d'approuver la demande de lotissement/morcellement du 30 août 2023 présentée par le bureau « BCR SARL », siégeant à L-1896 Kockelscheuer, pour le compte de Monsieur Jean Di Cato, relative à la création de 6 parcelles indépendantes (Lots 60/X100, 60/X101, 60/X102, 60/X103, 60/X104, 60/X105) sur des fonds sis à L-9126 Schieren, « Rue de la Gare», n° cadastraux 60/4252, 60/4139 et 69/4485), contenant en total 70,63 ares, ceci conformément au plan annexé à la présente délibération.

9. **unanimement** d'approuver le contrat d'autorisation de reproduction par reprographie d'œuvres protégées au profit des communes/villes du Grand-Duché de Luxembourg conclu le 30 août 2023 entre la commune de Schieren et l'association sans but lucratif « Luxembourg Organization For Reproduction Rights » dénommée « Luxorr ».

10. **unanimement** d'approuver divers titres de recette de l'exercice 2023 établis par le collège des bourgmestre et échevins.

### Remarque générale :

Les rapports reproduisent brièvement les décisions formelles prises par le conseil communal en séances du 13 juillet, 9 août et 27 septembre 2023.

Les indications susvisées sont données sans engagement et sous toutes réserves.

En cas d'incohérence, d'erreur ou de divergence, seules les délibérations dûment signées par la majorité des membres du conseil communal font foi.

*Le collège des bourgmestre et échevins*

## Certificat de publication

### Conseil Communal du 24.05.2023

**Fixation des taux multiplicateurs à appliquer pour l'année d'imposition 2024 en matière d'impôt foncier et en matière d'impôt commercial communal**

Il est certifié par la présente que la délibération du conseil communal du 24 mai 2023, portant fixation des taux multiplicateurs à appliquer pour l'année d'imposition 2024 en matière d'impôt foncier et en matière d'impôt commercial communal, a été publiée et affichée à partir du 11 octobre 2023.

*Schieren, le 18 octobre 2023*
*Le collège des bourgmestre et échevins*

# Certificat de publication

## Conseil Communal du 27.09.2023

**MOPO PAP « In der Wieschen » : Partie écrite et graphique**

Il est certifié par la présente que la délibération du conseil communal du 27 septembre 2023, portant modification ponctuelle de la partie écrite et graphique du PAP "In der Wieschen", a été publiée et affichée à partir du 2 octobre 2023.

**Lotissement/Morcellement concernant des fonds sis à L-9132 Schieren, « Rue Kreuzberg », n°1.**

Il est certifié par la présente que le conseil communal, par sa délibération du 27 septembre 2023, a marqué son accord sur un lotissement (morcellement) du terrain suivant :

**Parcelle inscrite au cadastre de la commune de Schieren, section A, sous le numéro 1291/4590 :**

**Création de 3 parcelles indépendantes sur les fonds sis à L-9132 Schieren, « Rue Kreuzberg », n°1.**

Il est certifié d'autre part que le lotissement (morcellement) prémentionné a été publié et affiché de la manière usuelle dans la commune de Schieren à partir du 2 octobre 2023 et que le public a pu en prendre connaissance au secrétariat communal (article 82 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988) et sur le site internet de la commune de Schieren.

**Lotissement/Morcellement concernant des fonds sis à L-9126 Schieren, « Rue de la Gare ».**

Il est certifié par la présente que le conseil communal, par sa délibération du 27 septembre 2023, a marqué son accord sur un lotissement (morcellement) du terrain suivant :

**Parcelles inscrites au cadastre de la commune de Schieren, section A,**
**sous les numéros 60/4252, 60/4139 et 69/4485 :**

**Création de 6 parcelles indépendantes sur les fonds sis à L-9126 Schieren, « Rue de la Gare ».**

Il est certifié d'autre part que le lotissement (morcellement) prémentionné a été publié et affiché de la manière usuelle dans la commune de Schieren à partir du 2 octobre 2023 et que le public a pu en prendre connaissance au secrétariat communal (article 82 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988) et sur le site internet de la commune de Schieren.

*Schieren, le 9 octobre 2023*
*Le collège des bourgmestre et échevins*



# Redaktiounsschluss Louis Nr. 71

**De Redaktiounsschluss fir d'Artikelen eranzereeche vum Louis 71 ass den 16. Februar 2024.**

D'Verdeelung ass am **Mäerz** virgesinn.

**Aus organisatoresche Grënn wiere mir Iech alleguer dankbar, wann Dir dësen Delai géift respektéieren an eis doduerch d'Aarbecht géift erliichteren.**

# Chamberwalen den 8. Oktober 2023

Nodeems dass d'Schierener Bierger den 11. Juni dëst Joer hier Gemengevertrieder gewielt haten, war et den 8. Oktober un de Bierger hir Landesvertrieder ze wielen.

D'Chamberwale waren dëst Joer ëm sou méi spannend well och de Schierener Buergermeeschter Eric Thill sech dem Wieler op Landesniveau gestallt huet.

Net ze vergiessen, dass zënter 1979 de Charles Goerens bei diverse Walen ugetrueden an zënterhier och ëmmer rëmgewielt ginn ass. Dat war ofwiesselend an der Chamber, der Regierung oder och am Europaparlament de Fall wou hien zënter 2009 eist d'Land an déi europäesch Wäerter vertrëtt.

Am Joer 1999 hate mer mam deemolege Buergermeeschter Jos Lutgen an dem Charles Goerens souguer zwee Schierener Kandidate fir d'Chamberwalen um Start.

Am Géigesaz zu de Gemengewalen (wou och Net-Lëtzebuerger wielen duerften) si mer mat knapp ënner 600 Wieler pro Walbüro bliwwen, esou dass et mat 2 Walbüroen duergaangen ass.

Souwuel déi effektiv Membere wéi och Suppleante vun den 2 Walbüroe stounge pünktlech prett fir d'Schierener Wieler vun 8:00 – 14:00 ze empfänken. Wat d'Bréifwal ugeet, ass och zu Schieren de kloren Trend ze erkennen, dass d'Bréifwal vun ëmmer méi Wieler genotzt gëtt. Zu Schieren haten 314 Wieler d'Bréifwal ugefrot, 308 hu se och schliisslech ofginn.





Am Ganze sinn an deenen 2 Walbüroen 1.044 Walziedelen ausgezielt ginn. Ganzer 82 Leit hunn deemno net vun hirem Walrecht Gebrauch gemaach. Et muss bemierkt ginn, dass hei och déi Leit drënner falen, déi méi wéi 75 Joer hunn an esou net méi obligéiert si wielen ze goen.

Et war flott ze gesinn, dass och déi eelste Schierener Biergerin, de Wee bei d'Urne mat hiren 99 Joer nach ugetrueden ass.



Leider si beim Auszielen och 41 ongülteg Walziedele festgestallt ginn. Dëst bestätegt, dass eise méi oder manner komplizéierte multi-optionale Walsystem net jidderengem kloer ass.

Des Weideren hunn 38 Wieler e wäissen Ziedel ofginn.

Wat d'Resultater a Prozenter fir déi jeeweileg Parteien ugeet, hu mer lech hei d'Schieren Resultater am Verglach zu deene vum Walbezierk Norden fir d'Joren 2018 an 2023 opgelëscht:

| Partei | Schieren 2023 | Norden 2023 | Schieren 2018 | Norden 2018 |
|---|---|---|---|---|
| LSAP | 12,71 | 15,29 | 15,36 | 15,87 |
| DP | 29,52 | 17,55 | 22,61 | 17,13 |
| Gréng | 7,22 | 6,68 | 13,48 | 12,98 |
| CSV | 28,8 | 33,08 | 30,08 | 32,23 |
| Lénk | 3,04 | 2,59 | 3,61 | 3,53 |
| ADR | 7,16 | 12,04 | 6,45 | 9,79 |
| PIRATEN | 7,71 | 7,71 | 7,99 | 7,67 |
| Fokus | 2,95 | 3,14 | / | / |
| Liberté | 0,76 | 1,57 | / | / |
| Konservativ | 0,11 | 0,36 | / | / |

Mir maachen op dëser Plaz, bewosst keng méi detailléiert Analys vun all deenen Zuelen, déi dir um Site vun RTL an elections.public.lu kënnt agesinn.








Wat de Schierener Buergermeeschter Eric Thill ugeet, huet hien sech fir seng éischt Participatioun bei de Chamberwale ganz beachtlech geschloen.



Reng op d'Gemeng Schieren gekuckt, krut den Eric Thill vun 965 gültege Walziedelen am ganze 637 Stëmmen. Bleift ze bemierken datt dovunner just 109 Lëschtestëmmen waren, wat souvill bedeit wéi datt den Eric Thill 528 perséinlech Stëmmen hei zu Schieren kritt huet.

Hei nach e puer weider Fakten déi beleeën, datt d'Schierener Wieler dem Buergermeeschter Eric Thill eng grouss Ënnerstëtzung ausgeschwat hunn:

– D'Gemeng Schieren ass déi eenzeg Nordgemeng wou déi demokraktesch Partei (DP) déi meeschte Stëmme krut
– DP intern louch hien hei zu Schieren mat senge 637 Stëmme wäit virun den DP-Spëtzekandidaten aus dem Norden, dem Chamberspresident Fernand Etgen (348) an dem Minister Marc Hansen (287). Och den Norddeputéierten André Bauler louch mat sengem Score (252) bei wäitem hannert dem Eric Thill.
– Am Verglach mat de Spëtzekandidate vun den anere Parteien ass säi Resultat grad esou bemierkenswäert:

| Partei | Kandidat | Stëmmen |
|---|---|---|
| LSAP | Claude Haagen (Minister) | 195 |
| Gréng | Claude Turmes (Minister) | 110 |
| CSV | Martine Hansen (Deputéiert) | 386 |
| PIRATEN | Ben Polidori | 111 |
| Aner Parteien | | < 90 |

Och op säi Resultat am Walbezierk Norden kann de Schierener Buergermeeschter ganz houfreg sinn.

Op der DP-Lëscht huet hien sech bei senger éischter Participatioun mat 7.161 Stëmmen direkt konnten op déi 4. Plaz klasséieren, dat hannert dem Chamberspresident Fernand Etgen mat 10.529 Stëmmen, dem Deputéierten André Bauler mat 10.057 Stëmmen an dem Minister Marc Hansen mat 7.905 Stëmmen.

De Redaktiounscomité vum Louis wëll dem Buergermeeschter Eric Thill op dëser Plaz gratuléiere fir dat supert Resultat bei senger éischter Participatioun bei de Chamberwalen.

*GB*

# Update vun de Chantieren

## Nei Tribune/ Buvette/Vestiaire fir de Fussball






Déi éischt Preparatioune fir de Bau vun de neie Vestiaire fir de Fussball hunn ugefaangen. D'Pëppelen hannert der aktueller Tribüne goufen ëmgemaach. An der Wanterpaus gëtt ee vun de Beliichtungsmaste versat an den Terrain op LED-Beliichtung ëmgerüst. Am Februar ginn d'archeologesch Ausgruewunge realiséiert an Mëtt Mäerz fänken d'Aarbechte vum Réibau un.

## Iwwerdach fir Petanqueterrainen

Der Neubau der Freilufthalle erstreckt sich über drei bestehende Spielfelder. Ihre Tragstruktur setzt sich aus einer Kombination von Brettschichtholz und feuerverzinktem Stahl zusammen, während die Dacheindeckung mit Modulen aus Textilmembran erfolgt. Die Freilufthalle wird an zwei Seiten geschlossen: im oberen Bereich mit einer Textilmembran und im unteren Bereich mit einer einschaligen Holzverkleidung. Der Baubeginn ist für Ende Oktober 2023 geplant, mit voraussichtlicher Fertigstellung im Frühjahr 2024.





## Unterführung CFL





Déi nei Unterführung, déi eng Verbindung zwëschent der Nationalstrooss N7 an eise Sportsite schaaft, gëtt viraussiichtlech Enn November fäerdeg. D'Alentoure ginn am Hierscht vun der Gemeng ugeluecht. Virgesinn ass eng Begréngung mat Stauden a Beem. Enn 2023 gëtt vun der Gemeng an Zesummenaarbecht mat der Administration des ponts et chaussées och ee gesécherten Iwwergang op der N7 gebaut. Am Fréijoer 2024 gëtt dann zousätzlech nach een neie Parking, mat ca. 36 neie Plazen op der Säit vun der N7 ugeluecht.

## Ubau Maison Relais


De 6. Februar gouf de Grondsteen um Site vun der neier Maison Relais geluecht. Am Summer 2023 sinn d'Réibauaarbechten ofgeschloss ginn. Bis Enn des Joers gëtt mat de Fënsteraarbechten de Gros-oeuvre fermé fäerdeg gestallt. Am Gebai lafen d'Aarbechten um Elektreschen, Heizung, Lëftung a Sanitär. D'Aarbechte solle bis Enn 2024 ofgeschloss ginn.

## Parquet Spillschoul

An der grousser Vakanz gouf de Parquet an der Spillschoul restauréiert. Dëst a 5 Klassesäll vum C1 an dem zentrale Preau mat de Kanner hirer Garderobe. De Parquet gouf propper ofgeschlaff, kleng lokal Reparature goufen duerchgefouert an de Buedem duerno an 3 Schichte mat engem „Hartwachsöl" nei versigelt. Den Ueleg schützt op eng natierlech Aart & Weis, verschléisst d'Holz fest a verleet dem Parquet eng grouss Widderstandsfäegkeet




## Lotissement vum Fonds de Logement

De Projet vum Fonds de Logement, fir abordabele Wunnraum ze schaffen, hëlt Form un. D'Aarbechten un dem ale Pompjeesbau an der „Huelscheck" lafen op Héichtouren. Hei entstinn déi 4 éischt Wunnunitéiten. De Projet gëtt spéider completéiert duerch eng Résidence laanscht d'Route de Luxembourg an enger Maison jumelée an der Rue de l'Abattoir.



## PAP KISELBAACH



Am PAP Kiselbaach op 56-60, route de Luxembourg lafen d'Aarbechten un de spéideren ëffentlechen Infrastrukturen op Héichtouren. An enger zweeter Phase gëtt hei eng Résidence (an zweeter Rei) mat 13Unitéite gebaut a laanscht d'Route de Luxembourg zwee jumeléiert Eefamilljenhaiser.

## PAP Route de Luxembourg – Rue de l'Alzette



D'Infrastrukturaarbechten am Lotissement tëscht der „route de Luxembourg", der „rue de l'Alzette" an der Eisebunnslinn goufen ofgeschloss. Dëse Projet ëmfaasst eng Bruttofläch vun 52,99 Ar a bitt Plaz fir zwou Residenze mat engem Total vun 12 Unitéiten an 10 Reienhaiser. D'Gemeng huet hei och eng Parzell kaaft fir een neie Parking unzeleeën an de Parkproblem an der Rue de l'Alzette domat ze behiewen.

## LED Beliichtung an der Gemeng Schieren





An de Stroossen „Route de Luxembourg“, „Rue du X Septembre“, „Rue Alphonse Peusch“, „Um Lehberg“, „Route de Stegen“, sou wéi an der „Rue de la Gare“ gouf déi ëffentlech Stroossebeliichtung nohalteg op LED-Luuchten ëmgerüst.

## Nei Traffo-Statioun um Sportssite « Um Geier »

Aktuell gëtt nieft eisem Sportsite eng nei elektresch Traffo-Statioun gebaut. Am Kader vum Projet vun der Creos tëschent Schieren a Welsdref fir déi iwwerierdesch Mëttelspannungsleitungen an den Buedem ze verleeën, gouf profitéiert den alen Traffo (Poutrellesposten) mat engem begehbaren Traffo mat erhéichter Leeschtung vu 400 kVa ze ersetzen an déi verschidde Gebaier (Clubhaus Tennis / Vestiaire & Buvette Fussball etc.) vum Sportsite eenzel unzeschléissen. Dëst erméiglecht et de Verbrauch eenzel ze kontrolléieren, verbessert d'Maintenance vun de kommunalen Infrastrukturen an erlaabt et, Energie op nohalteg Manéier anzespueren.





## Neie Mouer um Lehbierg

Bereits früh im Jahr trocknete der Tümpel aus, oft bevor die Fortpflanzungsphase der Amphibien abgeschlossen war. Durch dieses Projekt wurde die Dauer, in der der Tümpel mit Wasser gefüllt ist, verlängert und gleichzeitig um etwa 1,7 Ar vergrößert. Somit wurde er für bedrohte Amphibienarten wie z. Bsp. den Kammmolch (Triturus cristatus) attraktiver. Das Projekt trägt dazu bei, den günstigen Erhaltungszustand von mindestens 30% der Lebensräume und Arten wiederherzustellen oder zumindest zu verbessern. Ein Projekt in Zusammenarbeit mit SICONA.

# Aweiungsfeier „Al Schoul", freides de 15. September 2023

Am Kär vun eisem Duerf steet ee Gebai, mat laanger Geschicht an Traditioun:

## d'Al Schoul

Gebaut am Joer 1851 a villsäiteg genotzt iwwert di lescht Joerzéngten, steet et deene Schierener Bierger lo no jorelaanger Planung a Renovatioun rëm zur Verfügung.

Ursprénglech als Schoul gebaut an am Joer 1866 erweidert, gouf d'Gebai iwwert d'Joren och als Molkerei genotzt.



Ab de 1960er stoung d'Gebai de Schierener Bierger a Veräiner als Festsall zur Dispositioun.



Ab 1979 war d'Gemengenadministratioun an der Annexe vun der „Aler Schoul" ënnerbruecht.

An deene leschte Jore goufe, bis op dee grousse Festsall, vill Raim net méi genotzt, well den Zoustand vum Gebai et deelweis net méi erlaabt huet.

Di fréier ugebaute „Vollekskichen" huet als Gemengenatelier a Pompjeesbau gedingt.

Duerno ass se vun der Chorale als Proufsall, vum Fussball als Vestiaire a vu ville Veräiner a Bierger als Festsall genotzt ginn. Am Kader vun de Renovatiounsaarbechten, ass d'Vollekskichen ofgerappt ginn an huet Plaz fir ee flotte Ausseberäich gemaach.

Nodeems d'Gebai 2017 op Initiativ vun deem deemolege Schäffen- a Gemengerot national geschützt gouf, ass et mam Plange vun der Renovatioun lassgaangen. Et war relativ séier kloer, dass dëst Gebai och an Zukunft ee Point de Rencontre fir all Schierener Leit a Veräiner sollt ginn.

De Choix vum Architekt ass op de Büro Thillens & Thillens gefall an zesumme gouf dunn ee flotte Projet entwéckelt.

Den APD gouf den 30.09.2020 fir 5,2 Mio Euro gestëmmt.

Am Wanter 2020-2021 goufen d'Gebaier geraumt, Enn Mee 2021 gouf d'Scheier ewechgerappt fir ee Baustellelager ze schafen a Ufank Juni 2021 gouf d'Vollekskichen ofgerappt.

Ab Mee 2021 gouf d'Gebai vun der Aler Schoul entkäert an am September 2021 gouf di Al Gemeng ofgerappt.

De Chantier ass trotz der COVID-Pandemie gutt weidergaangen an sou konnten d'Gemengewalen am Juni 2023 am neie Festsall stattfannen.

Et bloufen duerno nach eng Rei Finitiounsaarbechten ze maachen, mee am September 2023 war d'Gebai du prett fir di offiziell Aweiung.

Nieft de Raimlechkeete fir d'Veräiner an d'Bierger, ass och ee moderne Co-Working-Space entstan. Des Büroen ginn ab dem 01.12.2023 vun de Mataarbechter vu verschiddene Ministère genotzt

Bis op di allgemeng Präisdeierecht, konnt de Budget agehale ginn. 200.000 Euro goufen nach an de „Premier Équipement" investéiert.

Et goufen ausserdeem 2 Subsiden: ee vum Ministère de la Culture iwwert ee Betrag vu ronn 505.000 Euro an ee vum Ministère de l'Environnement iwwert ronn 62.000 Euro.

Am Gebai sinn elo folgend Beräicher entstanen:

- ee grousse Festsall op 2 Niveaue mat 180 m² an engem Comptoir
- eng Zouliwwerkichen mat ca. 24 m²
- ëffentlech Toilettë mat engem Accès baussen an der Rue du Moulin
- Garderobe
- Keller fir de Stockage vu Material a fir Veräiner
- grousse Lift
- ee Coworking-Space fir 16 Leit op 112 m²
- 2 Reuniounssäll vu 35 m² fir de Co-Working-Space
- e Büro fir den Agent municipal
- Kiche fir d'Veräiner an de Co-working-Space
- 2 separat Büroen fir de Co-working- Space mat jeweils 3 Plazen (mat Kichen a Buedzëmmer)
- Parking mat 27 Parkplazen
- 130 m² Terrassen an ee grousse Bannenhaff







Fir d'Fäerdegstellung vun deem neie flotten Duerfkär ze feieren, gouf et eng offiziell Aweiung, freides de 15. September.

Sou kuerz virun de Chamberwalen sinn och vill Politiker op Besuch komm, fir sech d'Resultat vun dëser Renovatioun unzekucken: Nieft de Vertrieder vun deene verschiddenen Baufirmen, Büroen, Buergermeeschteren, Schäffen- a Gemengerotsmemberen, Europadeputéierte waren och di 2 zoustänneg Ministeren, d'Madamm Sam Tanson an den Här Marc Hansen do. Ausserdeem hu sech d'Ministere Claude Haagen a Claude Turmes, sou wéi de Chamberpresident Fernand Etgen dës Aweiung net entgoe gelooss.

Samschdes, de 16. September, waren dunn di Schierener Bierger agelueden, sech hiert neit Gebai unzekucken. No enger kuerzer Usprooch vum Buergermeeschter Eric Thill, gouf et Visite-guidéeën duerch dat neit Gebai an duerno ee Patt an ee klenge Maufel.

D'Gebai steet de Veräiner dann och schonn aktuell zur Verfügung an ab dem Joer 2024 dierf een dann och als Schierener Bierger vum flotte Festsall profitéieren.



# Meng Gemeng engagéiert sech!

Am Kader vum Klimapakt waren iwwer de spéide Summer eng Partie Initiativen ze enregistréieren.

Wéi déi lescht Joren hat d'Gemeng Schieren sech erëm beim „Tour du Duerf" ageschriwwen an och d'Bierger, d'Veräiner opgeruff fir mat ze maachen. Zil vun där Aktioun ass et fir d'Leit ze iwwerzeegen, dass se vill kleng Strecken einfach mam Vëlo kënne maachen an domat hire perséinleche Beitrag zum Klimaschutz kënne leeschten. Och wann d'Bedeelegung net esou grouss war wéi een sech dat erhofft hat, hunn awer puer Equipe matgemaach.

Insgesamt hu mer an der Zäit vum 10.09.-30.09. 2.356 km um Vëlo enregistréiert. Bei de Gemenge mat manner wéi 10.000 Awunner déi matgemaach hunn zu Lëtzebuerg, ware mer op der 22. Plaz. Am Total si 26 Persoune matgefuer. Eng vun den neien Aktiounen an deem Kontext war de gemeinsame Vëlostour Richtung Ierpeldeng a Méchela „Autofräie Sauerdall" de 17.09. Hei ware ronn 20 Leit um Start an eleng op deem Dag si 600 km mam Vëlo gemaach ginn. Fir Mëtteg war eng Paus ageplangt an do war Iessen/Gedrénks an Animatioun am Kader vum „Autofräie Sauerdall" vun de Gemengen Ierpeldeng un der Sauer a Buerschent ageplangt.






Auswertung der Kommune

Sonderkategorien

| Platz | Team | geradelte km | Fahrten | aktive Radelnde | km pro Kopf |
|---|---|---|---|---|---|
| 1. | Offenes Team - Schieren | 1.055 | 58 | 2 | 528 |
| 2. | Tour du duerf meets Autofräie Sauerdall | 600 | 20 | 20 | 30 |
| 3. | Gemengerot | 372 | 12 | 1 | 372 |
| 4. | Pier | 206 | 38 | 1 | 206 |
| 5. | Schierener Musék | 123 | 14 | 2 | 61 |








D'Gemeng Schieren huet ee Patt spendéiert als klenge Merci un déi Leit déi matgefuer sinn.

Niewent de gesammelte km goufe mer och vun de Responsabelen zu Ierpeldeng fir déi Initiativ gelueft. Eng Ausso : „Dat ass konkret Zesummeliewen an der Nordstad"

An der Mobilitéitswoch vum 16.09. bis den 22.09. gouf och déi nei elektresch ugedriwwe Camionnette un d'Gemeng geliwwert. Niewent den 2 E-Biken, déi reegelméisseg vum Service technique an dem Personal aus dem Atelier genotzt gi fir kleng Deplacementer am Duerf, soll déi nei Camionnette am Alldag vum Atelier technique genotzt gi fir hir Liwwerungen a Reparaturen duerch d'ganzt Duerf.




Bei der neier méi grousser Camionnette mat enger Ladeflääch war elo nach kee Modell disponibel deen elektresch ugedriwwe géif ginn. Hei ass probéiert gi fir ee Modell ze bestellen dee méiglechst ee klengen Diesel-Verbrauch huet.



Virum Wanter sinn dann och nach d'Stroosseluuchten a verschidde Stroossen ersat ginn. Duerch d'Ëmstellen op den LED System an duerch eng intelligent Steierung iwwer d'Nuecht hu mer manner Stroumverbrauch. Dat wäert sech op eise Joresverbrauch ganz positiv auswierken.

D'Studien a Prozeduren am Kontext vun eiser geplangte Wandmillen komme lues op een Enn. Dee Projet wäert Schieren bei der Produktioun vun erneierbarer Energie op d'Landkaart zu Lëtzebuerg setzen. Am Fréijoer 2024 ass de Start vun de Bauaarbechten envisagéiert.

Kuerz d'Gemeng huet sech engagéiert fir wann nëmme méiglech mat op de Wee vun der energeetescher Transitioun ze goen an dat soll an Zukunft och konkret bei de Projeten ëmmer matgeduecht ginn.

# Besuch des Großherzogs von Luxemburg in der Römervilla





Schieren, 20. Oktober 2023 – Heute fand ein bemerkenswerter historischer Moment statt, als Seine Königliche Hoheit der Großherzog von Luxemburg die alte Römervilla aus dem ersten Jahrhundert in Schieren besuchte. Diese seltene archäologische Perle, die als „axiale Villa" bekannt ist, ist nicht nur für die Region von unschätzbarem Wert, sondern auch für die Geschichte Luxemburgs.





Die Villa, die mit gut erhaltenen Fresken geschmückt ist, offenbart beeindruckende Einblicke in das Leben der Römer vor über 2000 Jahren. Der Großherzog wurde von den Vertretern des Schöffen- und Gemeinderats von Schieren begrüßt, die stolz auf die Erhaltung und Pflege dieses geschichtsträchtigen Ortes hinwiesen.














Ebenfalls anwesend bei diesem Ereignis war die Delegation vom INRA (Institut National de Recherches Archéologiques), die an der Erforschung und Bewahrung römischer Stätten in Luxemburg beteiligt ist.

Der Besuch des Großherzogs unterstreicht die Bedeutung der Römervilla von Schieren und betont die Verpflichtung, die Geschichte und das Erbe dieses Landes zu bewahren.





# Tour de Luxembourg 2023














UAE
COLNAGO


COURSE
CYCLISTE
SK 2323


My

# Virowend vu Nationalfeierdag





Ugefaange mam feierlechen Te Deum an der Kierch, wou den H. Paschtouer Martin Molitor e puer bemierkenswäert Sätz gesot huet, déi net just um Nationalfeierdag mee dat ganzt Joer iwwer misste méi gëllen an déi fir eist Zesummeliewen extrem wichteg sinn:

Hei een Extrait dervun:

*"Wat heescht dat „Heemecht"?*

*Wat heescht dat: Lëtzebuerger sinn, zu Lëtzebuerg wunnen a schaffe kënnen an engem Land wou vill Nationalitéiten zesumme liewen an zesumme wunnen? An engem klenge Land liewen an deem groussen Europa.*

*Fir am Fridde matenee liewen ze kënnen e Fridden, deen äis elo schonns zënter ville Jore gegënnt ass ; deen awer och an Europa de Moment op ganz wackelege Féiss steet - besënne mir äis op 4 Wierder, déi fir d'Zesummeliewe wichteg sinn: Wierder, déi op Wäerter hiweisen, déi an eiser Gesellschaft net duerfe verluer goen.*

*Et sinn dat déi Wierder: Wann ech gelift, Merci, et ass gär geschitt, Pardon.*

*Wann ech gelift soen: dat heescht, ëm eppes froen an net einfach unhuelen, datt ech alles muss kréien an hunn, einfach esou. Ass et äis bewosst, datt net alles selbstverständlech ass?*

*Merci soen, dankbar sinn ass eng Konsequenz doraus.*

*Et ass gär geschitt - an net: et ass mat Berechnung geschitt. Wat kréien ech elo duerfir?*

*A Pardon soe kënnen, sech entschëllege kënnen, unhuelen, datt net alles perfekt ass - net bei mir an net bei deenen aneren.*

*Et sinn dat Wierder, déi Wäerter symboliséieren, déi wichteg sinn an enger Gesellschaft, an enger Natioun, wann si wëllt friddlech zesummeliewen.*

*Mir besënnen äis iwwer dat, wat et heescht : eng Natioun sinn, zesummen an engem Geescht vun Opsinn, vun Unhuelen an Akzeptéieren datt deen aneren och anescht ka si wéi ech.*

*Zum Verhängnes gëtt et wa mir verabsolutéieren : wa mir Heemecht gesinn als Festung, déi äis eleng gehéiert an an där soss kee gelidden ass; wou all aneren ugesi gëtt als Feind, deen äis wëllt eise Räichtum huelen an deen net an eiser Heemecht duerf gelidde sinn.*

*Geféierlech gëtt et, wann an d'Plaz vu Léift zur Heemecht en Nationalismus kënnt – eng geféierlech Iwwerhieflechkeet, déi sech iwwer déi, déi anescht sinn, anescht denken, anescht schwätzen erhieft a si dobäi ofwäert, jo veruecht.*

*Léift zur Heemecht léisst – genausou wéi all Léift – deen anere gläichwäerteg gëllen a muss hien net erofsetzen. Si léisst och deem Friemen, deen op der Sich ass no enger neier Heemecht, eng Plaz.*

*Mir duerfen eis Heemecht, eist Land roueg gären hunn a mir duerfen och stolz drop sinn – an dat net nëmmen op eisem Nationalfeierdag. Mir mussen dankbar sinn fir de Wuelstand, an deem mir dach nach kënne liewen; mir mussen dankbar sinn deenen, déi duerch hiert Affer äis de Fridde bruecht hunn; dankbar och deenen, déi haut eist Land regéieren, an do och dankbar sinn dem Garant vun eiser Eenheet, dem Grand-Duc Henri.*

*Mir duerfen äis awer net aniigelen an eng Selbstgefällegkeet, mä Aen an Oueren ophunn fir dat, wat sech an der Welt deet; a besonnesch e grousst Häerz hu fir déi, deenen et net sou gutt geet wéi äis."*

Duerno goung et eriwwer an den alen Atelier fir an enger méi labberer Atmosphär a mat allen Awunner vu Schieren, deenen dësen Dag um Häerz louch, dëse Feierdag auskléngen ze loessen.

Hei stoung d'Ried vum H. Buergermeeschter an d'Éierung vu verdéngschtvolle Matbierger am Mëttelpunkt.

Hei en Extrait vun der Ried:

*"Haut um Virowend vun Nationalfeierdag si mer beienaner, fir eist Land ze feieren: Mat allem, wat dozou gehéiert, a wéinst allem, wat Lëtzebuerg fir jidder eenzele vun eis ausmécht.*






*Et gëtt wuel genee esou vill Ursaache fir Nationalfeierdag ze feieren, ewéi et Leit am Land gëtt: Jiddereen op seng Fassong, ma nawell zesummen als grouss Famill, jo, als Natioun.*

*Léif Biergerinnen, léif Bierger,*

*Net allzewäit ewech vun hei – an der Ukrain – ass nach ëmmer Krich, stierwen all Dag Mënschen, leide Millioune Leit ënnert den direkte Suitte vun der russescher Invasioun.*

*Eist Land – eis Regierung – stoung vun Ufank un op der Säit vun der Ukrain an dat soll och esou bleiwen. Lëtzebuerg vergësst net, wéi et ass, wann een iwwerfall a besat gëtt.*

*Dee Konflikt bréngt awer och grav wirtschaftlech Konsequenze mat sech, déi eis Regierung an eis Chamber mat substantielle Mesurë géint d'Präisdeierechten esou gutt ewéi méiglech ofgefiedert hunn.*

*Solidaritéit – léif Leit – huet e Präis. Fräiheet huet och e Präis… an dee musse mer bereet sinn, ze bezuelen – an zwar op eng sozial nuancéiert Manéier.*

*Léif Biergerinnen, léif Bierger,*

*Op Nationalfeierdag feiere mir den Zesummenhalt vun all de Leit, déi hei am Land liewen... egal vu wou se hierkommen a wéi laang se schonn hei sinn... also all dat, wat Lëtzebuerg nach ëmmer ausgemaach huet.*

*Mir feieren eist Land, eis Heemecht, eist Lëtzebuerg. Ma och eise Grand-Duc Henri an déi ganz groussherzoglech Famill.*

*Si representéieren d'Unitéit vun der Natioun mat all senge Bierger: Mat deenen, déi scho méi laang hei liewen, a mat deenen, déi eist Land méi rezent als hir Heemecht gewielt hunn. Si all maachen aus Lëtzebuerg e Mosaik vu verschiddene Kulturen, déi gutt zesummeliewen. Nationalfeierdag ass den Dag vun all de Leit,*

*déi hei wunnen, schaffen a liewen, déi sech mat Lëtzebuerg identifizéieren, déi dat Land an hirem Häerz droen, egal wou se op der Welt dru sinn."*

Weidergaang ass et du mat den Éierungen:

An deem Kontext waren d'Schierener Veräiner gebieden der Gemeng souwuel d'Equippen wéi och déi eenzel Sportler matzedeelen, déi am Laf vun der leschter Saisonen een nationalen Titel an enger offizieller nationaler oder internationaler Competitioun gewonnen hunn, respektiv aus enger Divisioun opgestige sinn. Och laangjäreg benevolat Engagementer an de jeeweilege Veräiner konnten eragereecht ginn.

Individuell Sportler, déi an der Gemeng Schieren wunnen awer hirem Sport bei engem Veräin aus enger anerer Gemeng noginn, konnten hir Referenzen natierlech och erareechen.

Des Weidere waren och d'Membere vu lokale Kulturveräiner oder Privatleit mat honorabele Verdéngschter am kulturellen oder historesche Beräich gebieden hir Referenzen un d'Gemeng weiderzeleeden.

Wichteg ze soen, dass festgehale gouf d'Engagementer innerhalb vun engem Veräin fir 25 Joer oder 50 Joer ze éieren.







Folgend Éierunge goufe virgeholl:

**Veräiner:**

Schierener Musek: Nickels Aloyse, Nickels Jean, Petit Georges, Hanff Robert, Nickels Carmen, Sachsen Raymond.

Schierener Chorale: Sand Aline, Eischen Jean, Glod Christiane, Ley Monique, Recken Pascal, Seyler-Merres Liliane.

Tennis Club Schieren: Germain Schmit, Romain Goerens, Guy Berwick, Nico Hilger.

Frënn vum 3ten Alter Schieren

Antenne Collective Schieren

**Kulturellt oder sportlecht Engagement:**

Emile Goerens

Anouk Schmitz

Damien Pechon

**Politescht Engagement:**

Patrick Heischbourg

André Schmit

Francis Wirth

Camille Pletschette

Duerno ass den Owend a gemittlecher Ronn ausklénge gelooss ginn.

D'Gemeng hat op Iessen a Gedrénks invitéiert an dëst Joer waren d'Bullemëttien hannert dem Grill aktiv, wärend de Basket an den Tennis de Comptoir gemaach hunn.












# Journée de commémoration








Dimanche, le 1er octobre, plusieurs dizaines de résidents de notre village ont assisté à la Journée de la Commémoration, une cérémonie en l'honneur des victimes des guerres et des conflits.

La journée a débuté à 9 heures par une messe de commémoration dans notre église locale. Après la messe, des fleurs ont été déposées au monument commémoratif de Schieren. Cette cérémonie sobre mais significative a permis aux habitants et représentants de la commune de rendre hommage aux anciens combattants et aux victimes de guerre.

Cet événement témoigne du profond attachement à l'importance de la paix et de la mémoire dans ces temps troublés.

Pour terminer cette commémoration, la Commune de Schieren a invité à un verre en toute solennité.





# Neit Personal

Wéi dir villäicht scho matkritt hutt huet eis Presenz an de soziale Medien en neie Look verpasst kritt a mir sinn neierdéngs méi modern ginn. Säit dem 1. Juli huet de Felix Heintz eis Ekipp an der Administratioun verstäerkt.

Hie këmmert sech an Zukunft ëm de ganze Volet ronderëm d'Kommunikatioun, sief et fir de Contenu um Social Media bis hin zu alle Printsaache wéi Invitatiounen, de Schoulbuet, de Gemengebuet «Louis» asw… Dovunner ofgesi këmmert en sech och ëm d'Festivitéiten déi ustinn, geréiert d'Säll an ass responsabel fir den Austausch mat de Veräiner aus der Gemeng.



## De Felix Heintz stellt sech kuerz fir:

„No mengem Ofschloss am BTS als Grafiker hunn ech 3 an ½ Joer an enger renomméierter Grafik Agence zu Lëtzebuerg geschafft.

Ech si frou a motivéiert mat enger engagéierter Ekipp kënnen ze schaffen a sinn houfreg een Deel dozou bäizedroen d'Gemeng Schieren mat menger Erfarung, menger Kreativitéit a mengem Knowhow nach méi modern ze maachen a méi no vir ze bréngen.

A menger Fräizäit spillt Musek eng ganz wichteg Roll a suergt fir den néidegen Ausgläich. Ech si säit méi wéi 10 Joer als Deejay zu Lëtzebuerg ënnerwee a probéieren ob enger Party fir gutt Stëmmung ze suergen. Dovunner ofgesi sinn ech ee Mënsch dee gäre mat senger Famill, Frënn an Hond Zäit verbréngt an d'Liewen dobäi genéisst."

*Comme vous l'avez sûrement remarqué, notre présence sur les réseaux sociaux a été rafraîchie, nous conférant ainsi un "look" plus moderne. Depuis le 1er juillet, Felix Heintz a rejoint notre équipe au sein de l'administration.*

*Désormais, il sera le responsable de notre communication à tous les niveaux, que ce soit pour enrichir le contenu de nos médias sociaux ou pour donner vie à nos impressions, telles que les invitations, la brochure scolaire "De Schoulbuet", le bulletin communal "De Louis" et bien d'autres. De plus, il organisera les festivités, sera le gestionnaire des salles et sera notre interlocuteur pour les associations de la commune.*

*Voici une brève présentation personnelle de Felix Heintz : « Après avoir accompli mon BTS en tant que graphiste, j'ai travaillé pendant 3 ans et demi au sein d'une prestigieuse agence de graphisme à Luxembourg. C'est avec enthousiasme que je me joins à cette équipe engagée, désireux de contribuer à faire avancer la commune de Schieren en mettant à profit mon expérience, ma créativité et mon savoir-faire pour la moderniser encore davantage et la rapprocher de ses résidents et ses associations.*

*Pendant mes moments de détente, la musique joue un rôle essentiel en assurant un équilibre indispensable. Depuis plus de 10 ans, je me suis également lancé dans le métier de DJ au Luxembourg, mettant tout en œuvre pour créer une atmosphère exceptionnelle lors de soirées animées. En dehors de cela, j'apprécie particulièrement passer des instants privilégiés avec ma famille, mes amis et mon chien, tout en célébrant les plaisirs de la vie. »*



Eis Ekipp huet sech ëm eng weider Persoun verstäerkt. De Pol Petit ass säit dem 01. Oktober als Agent Municipal op der Gemeng agestallt a këmmert sech an noer Zukunft ënnert anerem ëm d'allgemeng Sécherheet vun de Schierener Bierger souwéi d'Ëmsetzung vum Code de la Route betreffend Stationéieren, Unhalen a Parken. An den nächste Woche präsentéiere mir iech unhand vun engem Video méi am Detail wat genau dem Pol seng Aufgabe sinn.

## De Pol Petit stellt sech kuerz fir:

„No menger Schoulzäit hunn ech de Wee an d' Arméi fonnt. 4 Joer hunn ech dierfe mengem Land an Uniform déngen an ech hunn un enger Friddensmissioun vu 4 Méint am Kosovo deelgeholl.

Meng ganz Karriär als Agent Municipal huet dunn 2015 op der Gemeng Hesper ugefaangen, éier ech 2022 fir een an een halleft weidert Joer menger Aarbecht zu Dikrech nogaange sinn. Schlussendlech hunn ech mir een neien Challenge gesat an dat op menger drëtter Statioun hei zu Schieren. Ech si frou a motivéiert meng Erfarung, déi ech op deenen zwou leschte Statioune gesammelt hunn, elo hei am Interêt vun der Gemeng Schieren an hire Bierger kënnen ëmzesetzen.

Vun klengem u war ech an der Liichtathletik an elo hunn ech de Wee an de Fussball fonnt. Dovunner ofgesi sinn ech ee Mënsch dee gäre mat senger Famill a senge Frënn Zäit verbréngt."

# Trëppele goen zu Schieren

Duerch déi gläichméisseg Beweegung huet d'Trëppelen an der Natur vill positiv Gesondheetseffekter. Reegelméisseg trëppele goen huet positiv Auswierkungen op Häerz / Kreeslaf, Immunsystem, Kierpergewiicht, d'Schanken / Gelenker / Muskulatur an och op eise gestressten Alldag an dat bei all Alter. Reegelméisseg heescht natierlech och wierklech reegelméisseg !




Zäit also fir am Hierscht/Wanter mol erëm trëppelen ze goen. D'Natur ze spieren an eng schéin Aussicht ze genéissen.




Vläicht eng gutt Geleeënheet fir zum Joresofschloss ee klenge perséinlechen Challenge an Ugrëff ze huelen. Mir hunn zu Schieren eise gutt gezeechenten Auto-pédestre (7,4 km) an de Wanderwee SI 1 (6,9 km), Start ëmmer zentral am Duerf bei der Kierch. Niewent dëse Weeër natierlech och all déi sëlleg lokal Bësch- a Feldweeër iwwert d'Gewan.




Am Hierscht goufen zousätzlech Sëtzbänke fir eng kleng Rascht op dem Auto-pédestre / SI1 installéiert. Wat d'Liwwerung vun de Bänke betrëfft huet d'Gemeng een neie Partner. An Zukunft wäert ee fir dat Material ze kafe mat der Aarbechtsstruktur (Struktur fir Mënsche mat enger intellektueller Behënnerung) vun der A.P.E.M.H. zesummeschaffen. An där Approche ginn dann och déi sozial a regional Aspekter zesummegefouert.

Gitt mol einfach erëm eng Kéier trëppelen a vläicht begéint een sech jo op engem Tour.

# Eau… Sécheresse… Mesures pour préserver l'eau…

## Chute de la consommation d'eau…

**Avec une mesure de préservation, la consommation d'eau dans la commune a baissé de plus de 20 % depuis 2016 malgré un accroissement de la population de 208 habitants.**

L'excédent de pluie de cet été est une très bonne nouvelle pour la nature. La saison a été globalement pluvieuse comparée à 2022 qui était historiquement sèche avec l'effet du manque de pluie entre octobre 2022 et mars 2023. Certaines communes ont souffert cet été de restrictions d'eau. Heureusement, Schieren a échappé à ce type d'alerte. Pour prévenir toutes pénuries, un travail constant est fourni pour que l'eau ne vienne pas à manquer dans la commune.

Michel Putz, avec son équipe, est le gardien des eaux de la commune. Gilles Hemmerling, le fontainier de la commune, l'assiste et s'occupe entre autres du contrôle journalier des réservoirs d'eau.



Dans un entretien, Michel Putz nous a fait plonger dans les réserves d'eau du village. Devant son écran, il surveille, analyse, contrôle l'évolution de la consommation quotidienne pour assurer l'équilibre : consommation et approvisionnement.

### Une chasse gagnante pour préserver la précieuse ressource

Un outil de mesure est la consommation d'eau moyenne par habitant qui intègre TOUTE l'eau consommée dans la commune. Par exemple ce chiffre inclut bien-sûr la consommation des ménages mais également celle des bâtiments publics (football, tennis, hall des sports, ateliers…), l'arrosage public, les chantiers, etc. Ce total de l'eau consommée dans le village divisé par le nombre d'habitants donne ce chiffre magique de la consommation moyenne par habitant du village.

Et la lecture de ce chiffre au cours des dernières années, surprend.

En 2016, la consommation quotidienne des habitants de la commune, en moyenne, était de 149,86 litres. Six ans plus tard, en 2022, elle est tombée à 117,09 litres, soit 32,77 litres de moins par habitant. Étonnant et mystérieux. Les habitants de Schieren prennent-ils moins de douches, ou utilisent-ils moins souvent leur lave-vaisselle ou machine à laver ? « Aucune de ces hypothèses, » répond en souriant Mich Putz., « Depuis 2017, nous avons fait la chasse aux fuites dans le réseau des conduites d'eau potable de la commune. Pour les détecter, nous utilisons un moyen simple et presqu'infaillible ».

En effet, de son écran, Michel Putz peut surveiller la consommation d'eau dans la commune. Et l'ingénieur civil a une botte secrète pour identifier les fuites. « La consommation varie dans la journée. Comme aucune entreprise ne fonctionne la nuit sur le territoire de la commune, selon les statistiques, c'est entre 2 et 3 heures du matin que la consommation mesurée en m$^3$ par minute est au plus bas. Normalement elle devrait être proche de zéro, » explique le spécialiste. Si la consommation totale observée sur l'écran de Mich Putz, ne s'approche pas de zéro, c'est simple, c'est qu'une fuite se cache dans le réseau d'eau potable d'un quartier. Des appareils utilisés en surface permettent de l'isoler sans devoir creuser. Au fait, le fontainier en collaboration avec le syndicat intercommunal (DEA, Distributeur d'Eau des Ardennes) va isoler la fuite en réalisant un repérage sur le terrain avec un contrôle des différentes zones de pression. Une fois la fuite repérée, la réparation est programmée.

### 69.144,7 litres de moins par jour.

Ce long travail a débuté il y a 6 ans. Aujourd'hui, la consommation d'eau du village, entre 2 et 3 heures du matin, approche pratiquement le chiffre zéro. Bingo, c'est gagné. Nous pouvons dormir tranquille. Grâce aux réparations effectuées dans la distribution d'eau potable, la consommation du village toujours calculée par habitant, a chuté de plus de 32 litres…

Avec ces réparations, pour l'année 2022, la commune a consommé 69.144,7 litres d'eau de moins qu'en 2016, l'année du top de la consommation de ces dernières années. Si bien, qu'en 2022, la commune n'a pas consommé plus d'eau (90.179 m$^3$) que neuf ans plus tôt, en 2013 (90.800 m$^3$), malgré une population qui est passée de 1.683 à 2.110 habitants. Satisfaction, la commune de Schieren est la moins gourmande en eau de la région, avec un taux de fuite le plus bas.

Enfin, les 900 ménages de la commune vont être équipés de contrôles digitaux. Cette opération de remplacement des anciens compteurs, débutera début 2024 et s'étalera sur une dizaine d'années.

*Daniel Pechon*

*/prochain épisode : la construction d'un nouveau bassin d'eau unique qui remplacera les trois existants/*



# Portrait Camille Pletschette

## Près d'un quart de siècle de vie au conseil communal

**Après 24 ans de présence au sein du conseil communal de Schieren, l'équivalent de quatre mandats, Camille Pletschette a décidé de ne plus se représenter aux dernières élections communales de 2023 et de faire place aux plus jeunes.**

Durant ces 24 années, beaucoup d'eau est passé sous les ponts. La commune a plus que doublé sa population. La difficulté a toujours été d'adapter la vie et les infrastructures à cette hausse constante du nombre d'habitants qui ont fait le choix de vivre à Schieren.

Né à Grosbous le 17 juillet 1946, sixième d'une famille de sept enfants et fils de cultivateur, Camille Pletschette est arrivé à Schieren en décembre 1978 où il avait construit sa maison de ses propres mains avec l'aide de quelques membres de sa famille. Au cours des années, la famille s'est enrichie de trois enfants puis de cinq petits-enfants et récemment d'un arrière-petit-fils.

### Camille, quelle a été la motivation qui vous a conduit à participer à la vie communale ?

Je suis un amoureux de la nature. J'ai axé mon travail sur la préservation de notre environnement et lutté contre la détérioration du climat. La nature, l'environnement ont fait partie de ma vie dès mon plus jeune âge. Saisir leur importance devient une évidence quand on a grandi et participé aux activités d'une ferme qui respire au rythme de la nature. Mes décisions et mes propositions ont toujours été guidées par cette sensibilité.

Puis un membre du conseil communal, m'a incité à l'époque à me présenter aux élections communales.

### Quelles sont les plus grandes satisfactions ?

La période la plus impressionnante de ma vie politique a été sans doute la période pendant laquelle le conseil communal m'a confié le poste de bourgmestre.

Avec comme grande satisfaction l'extension de l'école fondamentale, qui a été inaugurée le 24 avril 2015. Une première pierre avait été posée le 5 juillet 2013. L'école avait été réalisée dans un temps record de 14 mois, comme sa mise en fonctionnement devait être à la rentrée des classes 2014.

Une de mes fiertés, mais qui a été très discutées et disputées au conseil communal, est certainement l'adhésion en 2010 de la commune au Syndicat SICONA, organisme national actif dans la conservation de la nature et de l'environnement.

Puis, la sécurité aux alentours de l'école, avec un nouveau concept de mobilité avec Zone 30, a été développée avec la recherche des chemins les plus sûrs pour les écoliers (de séchere Schoulwee). Inaugurés à la rentrée des classes en 2017, ces concepts font partie aussi de mes plus belles satisfactions personnelles.

Durant mes mandats, j'ai aussi participé à la commission de l'environnement et à l'élaboration de cinq randonnées (un tableau situé devant l'église les illustre en détails). Ma préférée, et que je conseille à chacun de parcourir, est la promenade « rouge » longue de 9,4 km, qui emprunte le sentier Adrien Ries, et surplombe Ettelbruck sur son versant ouest.

J'ai participé aussi au premier comité de la rédaction De Louis en 2000 pour y rester jusqu'en 2017.

### Combien de temps exige une fonction de mandataire communal ?

S'occuper du quotidien d'une commune exige beaucoup de temps, de disponibilité. L'activité de bourgmestre, c'est environ plus de 30 heures de travail par semaine et une plus lourde responsabilité. Un échevin est occupé 15 à 20 heures par semaine, un conseiller quelques heures.

Au cours de mes mandats, j'ai assuré au collège échevinal ; le poste d'échevin du 12.11.2011 au 20/03/2013, puis le poste du bourgmestre du 20/3/2013 au 23/9/2015, le poste de 1er échevin du 23/09/2015 au 8/11/2017, ainsi que du 15/11/2019 au 05/07/2023.

### Un regret ?

Plutôt un bémol. La mise en place d'une cogénération à copeaux de bois, mon projet de cœur, n'a pas pu se réaliser. La commune est riche de 326 hectares de forêt, une aubaine. La commune serait passée à un stade de totale indépendance énergétique.

Certes c'était indépendant de ma volonté mais je regrette que la Nordstrooss n'a pas été construite un peu plus haut dans le village. Cet ajustement aurait exigé, certes, un tunnel plus long (tunnel après la station-service en venant de Colmar-Berg) mais aurait évité de couper si bas le village en deux, ce village adossé à sa colline.

### Pourquoi avoir choisi Schieren comme résidence ?

À l'époque, je travaillais à l'hôpital neuropsychiatrique d'Ettelbruck. Habitant Grosbous, je cherchais à me rapprocher de mon lieu de travail. Un collègue m'a glissé dans l'oreille que des terrains à bâtir étaient à vendre à Schieren. L'affaire fut vite conclue. Une fois établi, je pouvais rejoindre mon lieu de travail à pied en 12 à 15 minutes. Mélomane, je me suis rapidement inscrit à la musique de Schieren. Cette activité que j'apprécie, m'a permis de m'intégrer rapidement à la vie villageoise. À noter aussi que de nombreux collègues du CNHP habitaient déjà la commune.

À noter encore que Camille est un fervent supporter du FC Jeunesse Schieren. Il assiste aux rencontres disputées à domicile en se rendant à pied au stade.

### Le repos à présent ?

A présent, ma pension politique va me permettre de gouter, de profiter plus de la vie de famille, de prendre le temps de vivre plus pleinement mes hobbys comme la musique, le tennis, le nordic walking ainsi que le vélo.

Mais je ne remercierai jamais assez mes électeurs qui m'ont permis de vivre ces 24 années palpitantes au sein du conseil communal.

*Daniel Pechon*

# Vill Wëssenswäertes iwwer Lëtzebuerger Millen

## Deel 1. Allgemeng Informatiounen

Mat sengem Buch *„Die Mühlen des Luxemburger Landes"* huet den EMILE ERPELDING 1981 e monumentaalt Wierk geschaaft, wat haut souwuel zu de Klassiker wéi och zu de Raritéite vun de Lëtzebuerger Themebicher gehéiert an op Fléimäert Spëtzepräisser erziilt. Hie selwer staamt aus enger Joerhonnerten aller Mëllerfamill of, wat säin Intressi fir dës bal ausgestuerwen Aktivitéit erkläert. Et ass eng Saach vun der Onméiglechkeet, eng Zuel op d'Mille vu Lëtzebuerg ze setzen, well:

- Verschidde Mille scho verschwonn ware wéi neier gebaut goufen.
- Mat der schrëftlecher Ernimmung vun de Millen réischt am 15. Joerhonnert am grousse Stil ugefaang gouf
- Verschidde Mille just an der So existéieren
- Verschidde Millen och nach guer nit erfuerscht sinn, a wat et méi laang dauert, och guer nit wäerten erfuerscht ginn.


Wann een sech op d'Kadasterkaart vun 1824 an d'Vollekszielung vun der selwechter Zäit beriff, da kann ee soen dass dat Joerzéngt den Héichpunkt vun de Millen hei am Land war. Do goufen et 600 Millen hei, a just am Éislek sinn der 115 gezielt ginn. Nëmmen 100 Joer méi spéit gouf et bei eis just nach eng 100 Waassermillen, an duerfir gëtt et eng Häerd Erklärungen. E puer siefen der hei just ernimmt:

- D'Héichiewen an der Stolindustrie hunn d'Schmelzmillen iwwerflësseg gemaach.
- En etlech vun de Mille louchen u sou klenge Baachen oder Waasserleef, datt se di meeschten Zäit vum Joer wéinst Waassermangel guer nit muele konnten.
- Méi grouss a méi modern Millen hunn di kleng Millen onrentabel gemaach.
- D'Modernisatioun vu verschiddene Beräicher hu verschidden Zorte vu Millen an den Hannergrond gedréckt a si sinn duerch d'Industrialisatioun verschwonnen.

Fakt ass awer, datt di al héichgestallte Kulture scho viru méi wéi 5000 Joer op di eng oder di aner Manéier probéiert hunn, virun allem Fruuchtkären zu Miel oder Véifudder ze zerklengeren. Aus deem Grond gëtt an dësem klengen Exposé just probéiert di verschidden Typpe vu Mille mat hirer Aktivitéit oder hiren Aktivitéiten ze beschreiwen an e klenge Millevocabulaire fir de bessere Versteesdemech opzestellen. Zum Schluss kommen och nach e puer neier Millesoen zu Éieren, grad wéi och en etlech Anekdote fir dat Ganzt e bëssen opzelackeren.

Beim Duerchliese vun dësem Buch sinn awer och e puer Feeler festgestallt ginn, wat an Ubetruecht vun den Dausende vun Donnéeën, den deelweis onkompletten Archiven an Dokumentesammlungen an de mëndlech erfroten Detailer awer och guer nit verwonnerlech ass.

Den zweeten Deel geet dann op di lokalhistoresch Millevergaangenheet vu Schieren a Biertreng an, mat der Beschreiwung vun de Schierener Millen, mat der Verflechtung vun der Famill de Blochausen am Lëtzebuerger Millebetrieb a mat Leit vu Schieren, déi an enger oder där anerer Form eppes mat enger Lëtzebuerger Millen ze dinn haten.



## A. Déi verschidden Typpe vu Millen

### 1. Bannmillen oder Schlassmillen

De Begrëff Bannmillen staamt aus der Feudalzäit, wou den Här vun enger Herrschaft seng Ënnerdéngeg konnt forcéieren, op eng bestëmmte Mille musse muelen ze goen; an der franséischer Revolutioun um Enn vum 18. Joerhonnert, dee mat de Privileegien vum Adel opgeraumt huet, gouf de Millenzwang direkt opgehuewen. Vun Altwis bis op Zolver sinn 165 där Bannmillen am Buch opgeläscht. Dobäi war et och dacks de Fall, datt di Ënnerdéngeg ugehal waren, Botzaarbechten op deene verschiddenen Installatiounen ze maachen.

### 2. Frounmillen

Eng Frounmillen war nach eng verstäerkt Form vun enger Bannmillen, well do goufen di Ënnerdéngeg carrement erugezu fir all Zorte vun Aarbechten z'erleedegen. Do ass et dem Feudalhär drëm gaangen, datt säi ganze Beréng mat an déi Aarbechten agebonne war. Dat goung u mam Botze vum Wier, Millerad, Kanal a Millesteng bis Hëllefe bei der Opzuucht vu Fësch am Milleweier an duerno Bewaache vun de grousse Fësch géint d'Klauen; duerno koumen dann nach Fouer- oder Transportaarbechten, Reparaturaarbechten, Hëllefsdéngschter beim Austausch vun ale Millesteng, Botzaarbechten um Uwänner vun der Baach, Plécke vum Uebst am Millebongert an där Aarbechten nach méi.

### 3. Dampmillen

Dat ware Millen, déi mat Dampmaschinnen ugedriwwe gi sinn an déi hunn duerfir nit mussen un engem Waasserlaf leien. Dës Millen awer waren hei am Land relativ rar geséint.

### 4. Wandmillen

Ganz nom Beispill vun de berüümte Wandmille wéi de Miguel Cervantes se a sengem grousse Wierk vum Don Quichote a sengem legendäre Kampf mat de spuenesche Wandmille beschriwwen huet oder wéi se zur hollännescher Traditioun gehéieren, goufen dës Mille vum Wand an nit vum Waasser ugedriwwen. Déi konnte souwuel als Holz- wéi och als Steenkonstruktioune funktionéieren. Eng méi liicht an och méi kleng Konstruktioun vun dësem Modell kann een haut nach heiansdo um fräie Feld oder Wiss fannen, wou se dozou déngen, d'Waasser fir d'Véi aus der Déift eropzepompelen. Et kann een dovun ausgoen, datt di éischt Wandmillen bei eis zur Zäit vun de Kräizzich am 11. Joerhonnert opkomm sinn, wou d'Kräizfuerer se am Osten ofgekuckt haten.

### 5. Kinneksmillen

Sou goufen d'Mille genannt, wou e Kinnekshaus d'Einnamen agestach huet. D'Verwaltung vun dëse Mille gouf vun der Domäneverwaltung besuergt, an duerfir hate si och ganz dacks den Numm Domänemillen oder Domanialmillen. Ganz heefeg hate si och de Wope vun dem jeeweilege Landeshär, sou datt se och gutt doru konnten erkannt ginn.


### 6. Klerikalmillen

Dëst ass de Sammelbegrëff fir all déi Millen déi dem Klerus gehéiert hunn. De Klerus huet all Zorte vu Mille bedriwwen an huet doraus en Akommes kritt, an och de Klerus huet seng Ënnerdéngeg op eng Mille gebannt. Do gouf et dann Abteimillen, Benediktinermillen, Doumhäremillen, Kierchemillen, Klouschtermillen, Nonnemillen, Pafemillen.

## B. Wat gouf op deene Millen verschafft ?

### 1. Mineralien- an Äerzmillen

- Faarwemillen: besonnesch Steng – a Buedemzorte goufen hei zu Pudder gemuel a verriwwe fir duerno an der Produktioun vu Faarwen a Faiencerie wéi Parzeläin a Keramik verschafft ze ginn.
- Gips- oder Gappmillen: d'Gipssteng goufen zu Gipsmiel gemuel. Dat Miel konnt als Dünger an der Land- a Gaardebauwirtschaft oder am Bauberäich fir de Verbotz vu Maueren a Plaffonge gebraucht ginn. 24 Gipsmillen goufen am Buch opgezielt.
- Kalleksmillen: D'Kallekssteng goufen zu Kalleksmiel gemuel, wat da konnt als Dünger, als Zousaz zu Speis oder fir d'Kallekswäissen vu Fassaden, no der Method vun de berüümte Veiner Wäisserte, verschafft ginn. D'Kalleksmiel konnt och als Basismaterial bei der Produktioun vu Plättercher a Parzeläin agesat ginn.
- Steemillen, Wakemillen, Schlakemillen: dëst waren alles Mille fir déi déck Brocken zu klenge Stécker bis hin zu enger méi graffer Zort Miel ze zerreiwen, wat da gréisstendeels beim Bau verschafft ginn ass.



**Stéch vun enger Pochmillen**

- Schneidmillen, Spalmillen, Schläifmillen: dës dräi Typpe vu Mille goufe souwuel am Beräich vu grousse Steebléck aus Marber oder Granit wéi och bei Metall agesat. D'Steebléck sinn zerklengert, am Wénkel geschnidden an duerno poléiert ginn. D'Eisebléck sinn zerklengert ginn fir duerno besser kënne verschafft ze ginn; Handwierksgeschier aus Metall gouf glat geschlaff a virun allem geschäerft. Et gouf 11 Schläifmillen hei am Land.
- Schmelzmillen, Schmëddmillen, Pochmillen (Stampfmillen op däitsch). Hei ass ee schonn no beim Begrëff vun der Schwéierindustrie, Eisen- a Stolveraarbechtung. Eng Pochmillen, och nach Boukarsmillen genannt, ware senkrecht Himmer déi mat Waasserkraaft a Beweegung gesat goufen, a si hunn déi ze déck Eisenäerz- oder Holzkuelebrocken zerklengert, ier se an der Schmelz oder an der Schmëdd verschafft goufen. 23 Schmelz- oder Schmëddmillen sinn am Millebuch opgezielt.

### 2. Fruuchtmillen, op däitsch Getreidemühlen

- Als éischt muss een do d'Mielmillen nennen, wou all Fruuchtzorten wéi Weess, Kar, Huewer Geescht, Wëllkuer, Spelz als Miel mat Bakqualitéit, zum Deel awer och als Véifudder wéi Krësch, Oz oder Schrout verschafft gi sinn. Bei dëser leschter Kategorie koumen Oz- a Schroutmillen zum Asaz, an dann awer och nach d'Schielmillen, wou just d'Schuel vum Kär erofgeschielt ginn ass, an dat huet dann de Krësch erginn. D'Oz- an d'Schroutmillen hunn d'Fruuchtkären mussen opbriechen oder zerklengeren, well soss wiere se onverdaut rëm ausgescheet ginn
- Braumillen oder Bramillen: hei gouf Weess, Geescht oder Spelz gemuel fir duerno an der Béierproduktioun verschafft ze ginn.
- Uelegmillen ass den Uewerbegrëff fir déi Millen, déi all Zort vu Planzenueleg aus deene Produiten erausgepresst huet. Et gouf awer och nach sou genannte Moschter- a Rapsmillen. Op den Uelegmille goufen Nëss, Bucheckeren, Raps, Moschter a Fluess ausgepresst, fir deen deementspriechenden Ueleg ze gewannen. Den zesummegepresste Kuch vun dëser Operatioun gouf als Véifudder mat héijem Nierwäert verfiddert. 94 Uelegmille sinn am Millebuch verzeechent.

### 3. Holzveraarbechtungsmillen

- Loumillen: d'Lou gouf fir d'éischt a kleng Stécker zerklengert an dann op der Loumillen zu Polver zerriwwen. Dëst brongt Polver ass da mat der Déierenhaut an d'Gierfbidde komm. Ganz lëschteg waren dann awer och nach d'Zousazstoffer bei der Gierfoperatioun wéi Hondskniddelen, déi d'Lompekréimer aus der Sichegaass iwwer Land agesammelt hunn, oder mënschlechem Urin wéi an der Geschicht vun de Biddeseecher aus der Fiels beschriwwen ass. Hei am Land gouf et ëm déi 70 Loumillen. Ëm 1800 gouf en neie Modell vu Loumillen patentéiert, déi um Prinzip vun de manuelle Kaffismille baséiert huet.
- Seemillen: Eng Seemille war ausschliesslech fir d'Holzveraarbechtung vu Bamstämm geduecht. Si hat eent oder méi metalle Seeblieder déi an horizontaler oder senkrechter Form opgestallt waren, déi vun engem Waasserrad ugedriwwe waren. Geschnidde goufen do Dunnen, Käfferen, Madrillen a Brieder, an dat op 103 Seemillen hei am Land a laanscht d'Grenzen.

## C. Millen fir Spezialapplikatiounen

1. Op enger Follmillen goufe mat enger spezieller Virrichtung mat Holzhimmer di nei gewiefte Stoffer oder Déierenhait beaarbecht fir se méi mëll ze kréien, duerchzeknieden, ze walken. Vun do kënnt dann och den däitschen Numm Walkmühle hier. Et sinn 37 Follmillen am Repertoire opgefouert.
2. D'Spannmillen war eng waassergedriwwe Millen, wou d'Aarbechtsgäng vun enger Spënnerei a Wiewerei duerchgefouert goufen. Spannmillen gouf et ënner anerem zu Ettelbréck, Esch/Sauer, Hiefenech an Nidderwolz.
3. Pabeiermillen, Lompemillen: Pabeier respektiv Kartong goufen am spéide Mëttelalter aus kleng gerapptem Holz an zerriwwene Lompen hiergestallt, an deen Aarbechtsgang gouf op waassergedriwwene Mille gemaach. D'Lompe goufen iwwer Land vun de Lompekréimer aus dem Pafendall a vu Weimeschkierch mat Hondsweenercher agesammelt an op déi Lompemillen geliwwert. 15 Pabeiermillen sinn opgefouert, eng Lompemillen stoung emol zu Senneng.
4. Tubaksmillen, do wou di grouss gedréchent Tubaksblieder zu Grimmele fir Zigretten a graffe Pudder fir Jick- a Schnauftubak zerriwwe goufen. Zigare si weiderhi mat op d'Mooss geschniddenen Tubaksblieder hiergestallt ginn, déi mat Hand zesummegerullt gi sinn. 15 Tubaksmillen sinn am Millebuch opgezielt.
5. Schankemillen si vun engem Schënner beliwwert ginn. Fréier gouf jo vun engem doudegen Déier quasi alles verwäert, wéi Pelz, Haut an och Schanken. D'Schanke goufen op enger Millen zerklengert, an als Dünger oder als Hengerfudder weider verwäert. Et ass awer nit vill gewosst vu Schankemillen hei am Land. Op der Hirschmillen zu Biissen war 1918 en Experiment mat engem Knacheverwäertungsbetrieb an d'Wee geleet ginn, deen awer keen Erfolleg kannt huet. Zu Kielen war op der topografescher Kaart vun 1954 eng Schankemillen agezeechent, vun där awer näischt iwwerliwwert ass. Zu Mäertert gouf et d'Fielsmillen, déi 1787 fir d'éischt als Gipsmillen, Uelegmillen a méi spéit och als Fruuchtmillen beschriwwe gëtt. 1935 gouf do de Muelbetrib agestallt, den neie Besëtzer huet dunn 1938 eng Schankemillen ageriicht; vun där Millen ass awer nit gewosst wéi laang datt se funktionéiert huet.

## D. Millen, deenen hiren Numm un eng Uertschaft oder e Lieu-Dit ugebonnen ass

Hei siefen e puer där méi bekannter Millen opgezielt, och wa se haut zum Deel am Zesummenhank mat ganz aneren Aktivitéite genannt ginn: Aansebuerg, Aasselbuer, Biissen, Buerschent, Kaalber, Lauterbuer, Klengbetten, Recken, Siwebueren.

## E. Millen, deenen hiren Numm vun engem Familljennumm ofstaamt

Et gouf hei am Land eng gewëssen Zuel Millendynastien, déi iwwer Generatioune vun därselwechter Famill gefouert goufen, wou de Besëtzer awer duerch Bestietnis oder Verkaf en aneren Numm kritt huet. Den Numm vum laangjärege Besëtzer hat sech awer sou am Verhalt vun de Leit agravéiert, datt d'Millen haut nach mat deem Numm genannt gëtt. Hei siefen der just e puer erausgepickt, och wann een der nach jett opziele kënnt: Carelsmillen, Cornelysmillen, Dieschburgmillen, Elsensmillen, Gantenbeinsmillen, Rackésmillen, Tëntesmillen, Thillsmillen, Toussaintsmillen, Zennersmillen, Zettingeschmillen.

## F. Klenge Millevocabulaire

**E Fässchen:** Huelmooss fir Fruucht, Uebst, Grompere mat engem Inhalt vu 5 Liter. Véier Fässercher erginn ee Sieschter

**E Fudder:** bezeechent eng Quantitéit vun 1000 Liter Flëssegkeet wéi Waasser, Wäin oder Ueleg. Ee Fudder Hee sinn 1000 Pond Hee



Stéch vun enger aler Millen

**E Gros:** dat sinn 12 Dozen, also 144 Stéck

**E Kamprad:** en Zännrad mat agesaten Holzzänn, dat um Achsebam vum Waasserrad bannen an der Millen ubruecht ass. Seng Zänn si säitlech a gräifen an d'Zänn vun engem horizontale Rad an, sou datt di vertikal Dréiung an eng horizontal Dréiung ëmgewandelt gëtt.

**Eng Lanter:** en déckt Zännrad mat engem klengen Duerchmiesser. An dat Zännrad gouf d'Millestaang agesat, déi mat der Hëllef vum Milleneisen d'Dréibeweegung op de Millesteen iwwerdroen huet.

**E Laf:** och Muelgank genannt, deen aus enger Koppel Millesteng bestan huet. Wat eng Mille méi grouss war, wat



De Millesteenhaër

se méi Muelgäng oder Leef hat

**E Maler:** dat war eng fréier Mooss fir Fruucht, Uebst, Grompere a sou weider a war verschidde jee no Regioun:
lechternacher Mooss: 16 Sieschter
Veianer Mooss: 12 Sieschter
Lëtzebuerger Mooss : 10 Sieschter

Ee Maler Grompere war am Éislek 5 Zenner, am Guttland 4 Zenner

**D'Milleneisen:** dëst Eise gëtt op d'Millestaang opgesat a passt sech och op d'Akierwungen um Millerad an, an dréit esou de Millestee mat wann d'Millerad sech dréint. Duerfir ass et e ganz wichtegt Verbindungsstéck, ouni dat nit ka gemuel ginn. D'Form vum Milleneisen gouf dacks als Zeeche vum Mëller senger Ënnerschrëft oder am Wope benotzt.

**De Millenhummer:** dat ass e Metallhummer dee verschidde Formen huet a mat deem di optimal Struktur jee no Bedarf op der Uewerfläch vum Steen erreecht gëtt.

**D'Millerad:** ass d'Waasserrad dat vum fléissende Waasser beweegt a gedréint gëtt. Et sinn 3 verschidden Niveauë ginn, wou d'Waasser agefëllt oder ofgeschott ginn ass:

- ënnerschliechteg: dat Waasserrad gëtt duerch den Drock vun der Stréimung géint di ënnescht Radschaufele gedréint. Dat gëtt meeschtens bei Gewässer mat niddreger Fallhéicht, awer héijer Waasserquantitéit ugewannt.
- mëttelschliechteg: dat Waasserrad hat nit nëmme Schaufelen, mee och Zellen. Hei gëtt d'Waasser an hallwer Héicht vum Rad afléisse gelooss a gëtt domat vum kombinéierten Drock op d'Schaufelen an dem Gewiicht vum Waasser an den Zellen ugedriwwen.
- uewerschliechteg: dat Waasserrad huet keng Schaufelen, mee just Zellen, an do fléisst d'Waasser direkt nom Zenit vum Rad an d'Zellen. D'Rad dréint deemno just duerch d'Gewiicht vum Waasser an den Zellen.

**De Molter:** dat ass de Muelloun, deen de Mëller sech fir seng Aarbecht konnt anhalen. Well jo nit bor bezuelt gouf, konnt hie sech dat a Miel oder Fruucht berechnen. D'Mooss heifir war eng Molterschossel, déi entweeder vum Landhär oder enger ëffentlecher Institutioun gëeicht war. Doraus ass och den Ausdrock Molterrecht entstan.

D'Muelprozedur: dat war d'Method, no där gemuel gouf. An der napoleonescher Zäit huet een zwou Methoden ënnerscheet:

- À la Parisienne: d'Fruucht gëtt e puermol gemuel, wouduerch ee méi e feint Miel kritt
- À la Lyonnaise: d'Fruucht gëtt nëmmen eemol gemuel, an dann ass d'Miel méi graff
- Et gouf awer och nach den Ausdrock *„à la grosse"* dee méi eng primitiv Method bezeechent huet, bei där méi grafft Miel erauskomm ass.

**E Muergen:** war eng al Flächemooss déi op franséisch *„journal"* geheescht huet, an haut nach an Amerika a Kanada *„acre"* genannt gëtt. D'Definitioun war de St. Lamberti-Muergen, dee genee 35.68 Ar hat. Hei am Land war e Muergen 1/3 Hektar, an Däitschland ¼ Hektar. En Acre an Amerika a Kanada ass haut 0,4 Hektar.

**En Om (Oum):** eng fréier Flëssegkeetsmooss vun 130 – 160 Liter.

**Als Pand ginn:** am Millejargon huet dat geheescht datt d'Pachtgeld als Zënsentschiedegung un de Gleeweger huet misse bezuelt ginn.

**Eng Pint:** eng al Mooss déi och als Kan oder Quart bezeechent gëtt, an déi 1 Liter enthal huet. Dëst Wuert ass haut nach an der englescher Sprooch am Gebrauch.

**Eng Rutt:** de franséischen Ausdrock war *„verge"* an et war fréier eng Längtemooss an eng Flächemooss. D'Längt hat 3,766 Meter, d'Fläch hat 14 m². D'St. Lambertimooss war 22,3 m², de Muergen hat 160 Rutten, eng Rutt hat 16 Fouss, an e Fouss hat 0,33 Meter.

**E Sieschter:** war eng al Mooss fir Fruucht, Uebst, Gromperen a war verschidden no Regioun; gouf allgemeng awer mat 20 Liter ugeholl.

**E Sträichholz:** kee Fixspoun, wéi een hätt kënnen unhuelen, mee eng kleng Lat fir d'Miel op der Molterschossel ofzezéien, fir datt d'Molterschossel awer och just *„gestrache"* voll war.

**Eng Trimm:** war de geleefegen Ausdrock fir de Millentriichter aus Holz, wou d'Fruucht drageschott ginn ass, wou se da mat Hëllef vun engem Schieber doséiert konnt op d'Mille falen. Deen Triichter huet ongeféier 50 Liter gefaasst.

**Eng Zell:** e klenge Waasserbehälter, ufanks aus Holz, duerno aus Metall, deen um Waasserrad festgemaach war fir d'Waasser automatesch ze schäffen.



En Deel vun der Hohllay bei Bäertref

## G. E puer Millesoen

Den Emile Erpelding huet gemengt, säi Buch wier nit komplett wann hien nit nach e puer méi onbekannt Soe géif dran abauen, an déi ginn da lo hei a Kuerzform erzielt.

### 1. D'Geessfra vun der Bannmillen vu Béiwen un der Atert

Dës Bannmillen huet dem Klouschter St. Irminen-Oeren vun Tréier gehéiert. Si gouf 1496 fir d'éischt an engem Dokument ernimmt. D'Awunner vu Bëschdref a Béiwen waren op d'Mille gebannt, a si kruten eng déck Strof wa si op enger anerer Mille muele gelooss hunn. D'Männer aus deenen zwee Dierfer hu mussen all Joer hëllefen d'Wier an d'Rei setzen, a wien dobäi nit gehollef huet, huet den duebele Molterloun musse bezuelen. Bëschdref hat awer déi Zäit Prioritéit viru Béiwen beim Muelen.

1806, nodeems datt d'Millen dacks de Besëtzer gewiesselt hat, huet d'Famill Loos d'Millen iwwerholl a war bis 1966 hei Proprietair, wou de Muelbetrieb agestallt ginn ass. Déi Zäit war et Uelegmillen, Seemillen a Loumillen, an do koum d'So vun der Geessfra op. Déi gouf vun der Mëllerin als Hex verdächtegt, an als Revanche huet d'Geessfra déi da wierklech verhext. Vun deem Dag u war d'Mëllerin krank an huet musse siwe Joer laang am Bett leien, bis se schlussendlech gestuerwen ass.



Bannmillen zu Béiwen un der Atert

## 2. Den Hues aus dem Gaaschtgrond

Zu Mamer gouf et d'Gaaschtmillen, op där e Mëller gewunnt huet, dee sonndes zur Zäit vun der Houmass mat sengem Papp op d'Juegd gaang ass. Dunn hu si eng Kéier ënnerwee en Hues begéint, an de jonke Mëller huet mat senger Schroutflënt e puermol op den Hues geschoss. Hien hat den Hues och geroden, mee deen ass ganz monter fort gehoppelt. Di zwee konnten dat nit verstoen an hu sech op d'Nosich gemaach. Wéi se do sou duerch d'Hecke gekroch sinn, stoung op eemol eng schéi Fraegestalt virun hinnen, déi d'Hänn iwwer der Broscht gekräizt hat an déi traureg op de Buedem gekuckt huet. Di zwee Mëllersleit hu sech doropshi sou erféiert, datt se vun där Zäit un ni méi de Sonndeg duerch d'Juegd enthellegt hunn.

## 3. D'Millbéchermillen bei Mutfert

Dës Mille war fréier de Mëttelpunkt vun en etleche Soen. Do ass als éischt d'Biirkejoffer z'ernimmen, déi kee Kapp hat, mee amplaz vum Kapp en Därestrauch. Där Joffer war eng Kéier de Mëllerkniecht begéint, an duerch dee komeschen Ubléck hat dee sech sou erféiert, datt e säi Päerd a säin Teimer am Stach gelooss huet. Watgëssdewathuesde ass hien an engem Siess bis op Mutfert gelaf, wou en ouni Besënnung zesummegebrach ass. Eng aner So weess vun der Schleederjoffer z'erzielen, déi ni e Wuert geschwat huet, an déi soll och vun der Millbécher Millen hier stamen.

## 4. D'Réimecher Millen

Bei der fréierer Mille vu Réimech geet eng Joffer ëm als Strof fir eng Kandsmäerderin. Dat Meedchen hat en neigebuerent Kand, warscheinlech well et nit bestuet war, nieft der Mille begruewen a war duerno spuerlos verschwonnen. An deenen Nuechten, wou de Mound nit duerch d'Wolleke bedeckt ass, gesäit een dat Meedchen nach do op de Knéie sëtzen, fir ze jéimeren a Bouss ze doe fir säi Verbriechen.

Eng aner So weess vun engem Zockerbäcker an engem Faarwekënschtler vu Réimech, déi an der Fuesent ze vill ausgeloosse gefeiert haten, an déi doduerch an de Weier vun der Steffensmille gefall waren. Si konnte sech just mat vill Méi virun de Waassernymphen an Nixe retten, déi se do ëmgaachelt hunn.

## 5. Hochzäitsdreem um Bitschter Weier

Eng flott So erzielt wat sech un dem ale Bitschter Weier zougedroen huet. Dee muss zimmlech grouss gewiescht sinn, well e vun der Mille bis un de Fouss vun der Pirmesknupp gereecht huet. Déi Meedercher déi ënner allen Ëmstänn e Mann wollte fanne fir sech ze bestueden, sinn a Massen un dee Weier gepilgert, wou se dann nach eng al Hex opgesicht hunn, an all dat Gedeessems fir e Freier ze fannen.



Millen Niddermäerzeg

## H. Millenanekdoten

Sou wéi et sech fir eng historesch Dokumentatioun gehéiert, kritt een dobäi nit nëmmen déi historesch Eenzelheete beschriwwen, mee donieft gëtt et och nach eng Partie méi humoristesch Geschichtercher, déi weise sollen, datt an der aler Zäit bei wäitem nit alles sou doudeescht war, wéi een datt hätt kënne mengen. Hei dann eng kleng Auswiel wat sech an där Hisiicht am Lëtzebuerger Millewiesen zougedroen huet.

Ëm 1600 war bei enger Verpachtung vun der **Aasselbuerer** Bannmillen festgehal ginn, datt de Mëller ugehal wier, alles an engem gudden Zoustand ze halen a fréndlech a léif mat de Konnen ze sinn. De Meier Kieffer, deen eng Fouer Gaarwe kontrolléiert huet, ass bei där Geleeënheet aggressiv géint dem Mëller seng Fra virgaang, an huet de Mëller selwer nach an den Domm gebass. Du koum et dowéinst zu engem Prozess, bei deem de Meier zu enger Strof verdonnert gouf, an en huet zousätzlech och nach d'Prozesskäschte musse berappen.

Aus dem Joer 1601 bestinn Zeienaussoen iwwer dem Mëller säi Jong Hans aus der Bannmillen vun **Diddeleng**, dee 1552 vun do fortgoung an e berüümte Geléierte gouf. Vun him gouf ugeholl, hie wier de Krösus Dr. Johann Milius gewiescht, dee bis un d'Träppleke vum spueneschen Troun zu Madrid komm wier. 1596 hätt hien en Testament iwwer säin immenst Verméige gemaach. Zu Diddeleng gouf sech erzielt, hie wier 1601 a Spuenie gestuerwen, hien hätt eng kleng Gestalt gehat an hie wier iwwer d'Schëlleren eppes gebockelt gaang.

1710 kloen d'Sendschäffen Wandernoot, Peter Wanz an Niclas Frommes géint de Mëller vun der Bannmillen vun **Ettelbréck**, well jong Männer do sonndes an der Vesperzäit Kaart gespillt an och nach Alkohol gedronk hunn, an déi trotz enger Verwarnung nach riicht domat weidergefuer sinn. Aus dëser Millen ass 1871 di grouss Duchfabrik mat den zougehéierege Millen entstan, déi a Spëtzenzäiten alt bis zu 300 Leit beschäftegt hat.

Ganz komesch Gewunnechten haten se op der Millen zu **Bierchem**. De Mëller war ugehal, d'Bréck iwwer d'Uelzecht an der Rei ze halen. Wann dann e Client wéinst dem Héichwaasser nit bis op d'Mille kënnt, da muss hien awer dem Mëller de Molterloun bezuelen. Wann de Mëller dann awer een erwëscht, deen op eng aner Mille fuere wëllt, däerf hien deem säi Päerd an d'Fruucht ofhuelen.

Vill Pech hat 1896 de Besëtzer vun der Herckmannsmillen zu **Ettelbréck**. D'Waasser hat an der Nuecht säi grousse Frelleweier uewen un Ettelbréck bal mat fort gerappt a sou schwéier beschiedegt, datt Dausende vu Frellen an d'Fräiheet geschwomme sinn. Déi waren dozou bestëmmt, ënner anerem am Hotel Herckmanns sengem Restaurant de Clienten als gudde Maufel opgedëscht ze ginn, a sou war dem Mëller en décke Verdéngscht laanscht d'Nues gaang.

Zu **Holler** hat e Mann aus dem Backeshaus op dem alljärleche Geriichtsdag eng Klo agereecht, de Mëller wëllt nit fir hie muelen. D'Geriicht wollt där Saach op de Fong goen an huet dem Bauer e puer méi prezis Froe gestallt. Am Laf vun deem Verhéier huet et sech dann erausgestallt, datt de Mëller guer nit fir de gudde Mann muele kënnt. De Bauer war nämlech guer nit amstand, d'Muelfruucht op d'Millen ze bréngen, well d'Mais him se renglech gefriess haten.

Op der Kierchemillen zu **Bëschrued** huet den Heinrich Henrich geklot, datt si hien als Member vun der Famill nit als Piechter akzeptéiert hunn, obschonn dat schrëftlech 1526 als Bedéngung bei der Schenkung vun der Mille festgehal gi war. Zwee Joer méi spéit, no laangem Gedeessems, huet dem Henrich seng Famill op hiren Usproch verzicht, well si nit schlësseg beweise konnten, datt si Famill mat deene Leit wieren, déi d'Millen an d'Schenkung ginn haten.

1975 stoung an der Zeitung: *„Matzen a **Mäerzeg**, op dem Terrain vun der Famill Weis, deen d'Gemeng 1974 kaaft hat a wou dat neit Gemengegebai sollt opgeriicht ginn, an do wou zanter Jore schonn eng Seeërei stoung déi am Verfale war, war dës Millen op der Haaptstrooss de Schandfleck vun der ganzer Gemeng. Fir lo méi séier mat dem Ofrappe vun dëser Ruin virunzekommen an och fir Geld ze spueren, koumen d'Pompjeeën dohin an hunn d'Gebai mat vill Mazout a Brand gestach. Schwaarz Dampwollécke si riicht d'Luucht aus gaang. Hoffentlech wäerten dann elo och di plakeg schwaarz Mauere geschwënn dem neie Gebai Plaz maachen."*

Vun der Millen zu **Réiden** ass am Buch ze liesen, datt d'Mompere vun der Millen zu Réiden *„uff der Attert"* 1656 géint de Mëller Claus geklot hunn, well et ëm eng Wiss gaang ass. De Mëller Hans, dee viru 50 Joer op Santiago de Compostela gepilgert war, war op där Pilgerrees verschollen, hätt awer, ier hie fortgaang ass, déi Wiss an de Pand ginn a sech doraus Joermassen op säin Numm gestëft, an hätt sech donieft och nach 24 Gulde Kierchegeld geléint.

Zwou Anekdote gëtt et vun der Kéiermille bei **Houschent**. An enger Zeitung vun 1895 stoung de Saz *„Zu Houschent sinn d'Leit forcéiert, well de Schnéi ze héich an d'Äis ze déck ass, a si duerfir nit op d'Mille kommen, hiert Brout zu Fouss op Dikrech sichen ze goen."* Den 2. September 1900 war an der Zeitung ze liesen, datt en trageschen Tëschefall sech aus Onvirsiichtegkeet zougedroen hat: *„De 45 Joer ale Fouerkniecht Meisch vun der Kéiermillen ass bei de Bauer M. an d'Haus komm, wou d'Meedchen him wéi gewéinlech eng Drëpp ugebueden huet. Mee leider hat deen Ongléckleche Karbol erausgeschott kritt; deen huet säi Glas an engem Siess eidel gedronk. De Mann ass haut de Moien ënner onseegleche Schmäerze gestuerwen."*



Der Schrassiger Müller Michel Altmann beim Behauen eines Mühlsteins

Fir ofzeschléissen dann nach en Zitat vum Mëller Baltes vun der Millen zu **Eesbech**: *„Wann de Mëller vill Waasser huet, da kann hie Wäin drénken. Wann hien awer nit vill Waasser huet, da muss hien zu allem Ongléck och nach Waasser drénken."*

## Aner Mëllerspréchwierder:

*D'Molteren an d'Kiere mussen de Mëller ernieren.*

*De Mëller ass e Spëtzbouf, vir der Millen, hannert der Millen, an der Millen.*

*Hallef gemuel, hallef gestuel, dat ass d'Onéierlechkeet vum Mëller.*

*Wee fir d'éischt kënnt, muelt fir d'éischt.*

*D'Mëlleren an d'Päerdsdéif halen hir Ouschteren de leschte Sonndeg.*

*Ouni Waasser an ouni Fruucht huet kee Mëller d'deeglech Kuuscht.*

**An der nächster Nummer gëtt eng ausféierlech Reportage iwwer d'Geschicht vun de Schierener Millen respektiv di erstaunlech Presenz vu Schierener Leit am Lëtzebuerger Millewiesen virgestallt.**

